# 46e séance

## Mercredi 12 juillet 2000

*Présidence*
*M. Jean Spautz, Président*
*M. Willy Bourg, Président*

*Ordre du jour*

1. Ordre du jour

2. Projet de loi 4641 relatif au commerce électronique modifiant le code civil, le nouveau code de procédure civile, le code de commerce, le code pénal et transposant la directive 1999/93 relative à un cadre communautaire pour les signatures électroniques, la directive relative à certains aspects juridiques des services de la société de l'information, certaines dispositions de la directive 97/7/CEE concernant la vente à distance des biens et des services autres que les services financiers *(Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

3. Projet de loi 4658 portant approbation de la Convention sur la reconnaissance des qualifications relatives à l'enseignement supérieur dans la région européenne, faite à Lisbonne, le 11 avril 1997 *(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

4. Interpellation de M. Ben Fayot au sujet de la politique du Gouvernement dans le domaine de l'enseignement supérieur et de la recherche *(Suite - Motions)*

5. Projet de loi 4327 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale *(Rapport de la Commission juridique - Discussion générale)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Erna Hennicot-Schoepges, M. Luc Frieden, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Charles Goerens, Ministres.

*(Début de la séance publique à 14.37 heures)*

**M. le Président.-** Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

*(Négation)*

### 1. Ordre du jour

D'Conférence des Présidents proposéiert, d'Motioun, déi den Här Mehlen gëschter déposéiert huet an déi iwwert d'Prozedure vun den Äntwerten op d'Froen un d'Regierung geet, als zweetleschte Punkt vun eisem Ordre du jour, also virun den Naturalisatiounen, ze behandelen.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

*(Assentiment)*

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4641 iwwert de Commerce électronique.

D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluegt. Et hu sech fir d'Diskussioun schonn ageschriwwen: déi Hären Haupert an Zanussi, d'Mme Durdu, déi Häre Greisen, Bausch a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

### 2. Projet de loi 4641 relatif au commerce électronique modifiant le code civil, le nouveau code de procédure civile, le code de commerce, le code pénal et transposant la directive 1999/93 relative à un cadre communautaire pour les signatures électroniques, la directive relative à certains aspects juridiques des services de la société de l'information, certaines dispositions de la directive 97/7/CEE concernant la vente à distance des biens et des services autres que les services financiers

*Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports*

**M. John Schummer** *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4641 iwwert de Commerce électronique ass ee wichtege Projet, deen eiser Wirtschaft et erlabe wäert, an engem geregelte Kader Business via déi nei Kommunikatiounstechnologien ze maachen.

D'Komplexitéit an d'Technicitéit vun dësem Projet erlaaben et mir net, op all eenzelnen Artikel anzegoen. Dofir wäert ech mech no deem folgende kuerzen His-

torique ausschliesslech op e puer Punkten, déi mir wichteg schéngen, konzentréieren. Am schrëftleche Rapport awer fannt Dir all néideg an explicit Informatiounen.

1996 hat d'OCDE proposéiert, eng generell Reflexioun iwwert d'Modifikatiounen, déi zum Beispill den Internet géif bréngen, wat de Funktionement vun der Ekonomie betrëfft, ze maachen. De Rapport évoquéiert ënner anerem d'Conditions d'accès zu den neien Technologien, d'Fiskalitéit, den Droit des contrats, d'Signature électronique, d'Protection des consommateurs a sou weider.

Dëse Rapport vun der OCDE huet d'Regierung an déi professionell Milieuen, haaptsächlech d'ABBL, d'Association des Banques et Banquiers du Luxembourg, dozou bruecht, eng Rei Gedanken a Reflexiounen iwwert dee Sujet ze maachen. 1997 gouf een interministerielle Comité geschaf, deen d'Missioun hat, en Avant-projet de loi iwwert d'Signature électronique auszeschaffen, mat engem Haaptzil: déi rechtlech Unerkennung vun der numerescher Ënnerschrëft. D'Regierung huet hirersäits ebenfalls de Professer Berenboom vun der ULB chargéiert, déi existéierend Gesetzgebungen an Europa ze studéieren an e Contenu fir dat lëtzebuergescht Gesetz ze proposéieren. Parallell dozou huet d'ABBL eng Etüd iwwert den E-Banking opginn.

1998 hunn d'Expäre vun der Regierung an d'ABBL hir Konklusioune virgeluegt. Ausserdeem huet déi europäesch Kommissioun eng éischt Versioun vun hirer Direktiv iwwert d'lntroductioun an d'Harmonisatioun vun den elektroneschen Ënnerschrëfte presentéiert.

En anert Element war d'Publikatioun vum Rapport vum franséische Conseil d'Etat, deen d'Problematik vun de juristesche Froen, déi d'Signature électronique begräift, ëmrass huet. De Comité interministériel huet dunn als Aufgab kritt, och d'Aspekter Protection du consommateur an d'Protection des données personnelles op de Métier ze huelen.

Eng weider Etüd vun der ABBL, vun de Professere Prum a Poullet, huet d'Basis fir en Elargissement vun den Aarbechte vum Comité interministériel geluegt. No enger Rei Arbitragë gouf de Projet de loi am Abrëll 1999, deen dem Etat, dee bis dohi bekannt war vun den europäeschen Direktiven, Rechnung gedroen huet, déposéiert. D'Aarbechte si weidergaang, an och d'Direktiven hu weider evoluéiert.

D'Komplexitéit vum Projet an d'Modifikatioune vum EU-Conseil, déi sech bereets ukënnegen, hunn de Comité interministériel am September 2000 dozou beweegt, der Regierung ze proposéieren, de Projet an dräi ze splécken:

1. Signature électronique
2. Protection du consommateur
3. Protection des données nominatives

D'Regierung huet also den éischte Projet zréckgezunn an den neie Projet, dee mer haut diskutéieren, déposéiert.

D'ABBL huet am Dezember 1999 an am Februar 2000 zwee Avis complémentaires ofginn, déi partiell an deen neie Projet agebonne goufen. De Conseil d'Etat gouf säin Avis den 2. Mee an d'ABBL huet een neien, remaniéierten Avis am Juni 2000 ofginn.

D'Kommissioun huet de Projet den 21. Juni presentéiert an de 27. Juni goufen d'Amendementer ugeholl, déi un de Conseil d'Etat weidergereecht goufen. De Projet transposéiert u sech zwou Direktiven: déi iwwert d'Signature électronique an déi iwwert de Commerce électronique. De Projet définéiert fundamental Notioune wéi: "les services de la société d'information", "le prestataire établi", "le destinataire des services".

Dëse Projet begrenzt sech also, am Géigesaz zu sengem Virgänger, net ausschliesslech op Servicer, déi iwwer Internet lafen, mä och méi spezifesch Saache wéi Publicitéit, Marketing oder d'Responsabilitéit vun den intermédiairë Prestatairë falen ënnert dëse Gesetzesvirschlag.

Ech wëll mat dëse Wierder beileiwen net dee viregte Projet vum deemolege Wirtschaftsminister kritiséieren. Ech wëll just ënnersträichen, datt et duerch dee rasant évoluéiernde Fortschrëtt vun de moderne Kommunikatiounstechnologien ass, firwat dee viregte Projet dringend iwwerschafft huet misse ginn.

D'Essenz u sech vum viregte Projet ass bäibehale ginn. Mä d'Evolutioun aleng vun den europäeschen Direktiven ass sou séier fortgeschratt, datt eis Regierung sech gezwonge gefillt huet, en neien Text auszeschaffen, an dat am Sënn vun enger effikasser Gesetzgebung an engem Beräich, wou Lëtzebuerg eng Virreiderroll spille kann a soll.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem kuerzen Historique an enger genereller Definitioun vum Projet 4641, wäert ech an enger zweeter Etapp op d'Haaptelement vum Projet agoen an zwar d'Signature électronique.

D'Signature électronique, déi laang net juristesch unerkannt war, ass ouni Zweifel den A an den O wann et heescht, e Kontrakt tëschent Prestataire an Utilisateur ze officialiséieren. D'Signature électronique ass de Kärpunkt, wann d'Servicer vun der Informatiounsgesellschaft deeselwechte Stellewäert sollen unhuele wéi aIl anere Service.

Loosst mech lech just kuerz matdeelen, datt hei selbstverständlech nëmmen déi Servicer vun der lnformatiounsgesellschaft gemengt sinn, déi iwwert den elektronesche Wee lafen. Dat heescht Moyens de communi-

cation wéi Fax oder Tëlefon falen net ënnert dëse Gesetzesvirschlag.

D'Signature électronique kritt elo mat dësem Projet deeselwechten Effet juridique wéi d'Signature manuscrite, natierlech ënner enger Rei Konditiounen. Dës Konditioune versichen ech kuerz ze erläuteren, mä am schrëftleche Rapport, wéi gesot, fannt Der natierlech déi néideg Detailer.

Eng éischt Konditioun ass en Dispositif sécurisé de création de signature. Am Kloertext heescht dat, datt e Logiciel gebraucht gëtt, wou e Passwuert erstallt gëtt, wat den Utilisateur aleng kontrolléiert. Eng zweet Konditioun ass, datt dëst Passwuert op engem Certificat qualifié baséiert. Zwee Règlements grand-ducaux hale fest, wat an engem Certificat qualifié muss stoen a wat fir Konditiounen e Prestataire de certification muss erfëllen, fir kënnen e Certificat qualifié auszestellen.

Wann et sech bei de Prestataires de services de certification ëm eng Société commerciale handelt, dann ass si kenge weideren Obligatiounen ënnerworf, wéi alI aner Société commerciale, déi sech zu Lëtzebuerg wëllt etabléieren. Dat steet explizit hei am Gesetz an de Statsrot huet dat a sengem Avis ënnerstrach.

Weider Konditiounen, déi e Prestataire de services de certification muss erfëllen, si virun allem wichteg, wann et sech beim Prestataire zum Beispill ëm eng Bank, en Notaire oder eng Fiduciaire handelt. Eng dovunner ass d'Obligation de secrets professionnels, déi natierlech fir Prestatairë wéi eng Bank eminent wichteg ass.

Eng aner ass d'Obligation d'information, wou de Prestataire den Utilisateur zum Beispill muss informéieren, wéi d'Procédure vun der Kreatioun vun enger Signature électronique ass. D'Prestataires de services de certification hunn natierlech och eng gewësse Responsabilitéit vis-à-vis vun den Utilisateuren ze assuréieren. A wéi bei all Relation contractuelle tëschent Prestataire an Utilisateur sinn dës Responsabilitéiten am Gesetzesprojet festgehalen.

Fir zum Beispill ze verhënneren, datt op verschiddenen Internet-Siten eng Activité illicite bedriwwe gëtt, kënnen d'Autorités judiciaires e Prestataire de services bieden, spezifesch Siten iwwer eng bestëmmten Zäit ze kontrolléieren. Déi sougenannte Prestataires de services intermédiaires sinn awer vun dëser Dispositioun ausgeschloss. Well hir Aktivitéit sech op den Transport, den temporairë Stockage an den Hébergement vun Donnéeë limitéiert, ass et hinne kengeswegs erlaabt, de Contenu vun engem Site ze filtréieren. Si kënnen allerdéngs och kengeswegs bewosst zouloossen, datt eng Activité illicite op engem vun hire Sitë bedriwwe gëtt. An deem Fall sinn och si gezwongen, déi responsabel Autoritéiten iwwert dës Aktivitéit ze informéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem kuerzen Exposé iwwert d'Signature électronique mat all de Konditiounen a Contrainten, wëll ech mech elo mat verschiddene vun de Modifikatioune beschäftegen, déi op Grond vum Statsrot virgeholl gi sinn.

En éischte Punkt ass an deem Kontext d'Exklusioun vun der Fiskalitéit, well d'europäesch Direktiv iwwert de Commerce électronique huet de Prinzip vun der “libre prestation de services” vun der Informatiounsgesellschaft weider ausgebaut. D'Steierwiese bleift doduerch vun dësem Gesetzesvirschlag ausgeklammert. Aneschters ass et am juristeche Beräich, wou virun allem zum Schutz vum respektive Prestataire eng allgemeng Regelung fonnt huet misse ginn, obwuel, oder besser, grad weIl all Land seng eege Rechtsvirschrëften huet!

Fir eng juristesch Sécherheet ze schafen an d'libre prestation de services ze garantéieren, gëtt am Beräich vum Commerce électronique d'Gesetz aus dem Pays d'origine applizéiert. An anere Wierder: Juristesch kontrolléiert gëtt un der Source vun der kommerzieller Aktivitéit. Fir e lëtzebuergeschen Opérateur, dee seng Servicer exportéiert, ass dat natierlech besonnesch wichteg, weIl och wann d'Gesetz am Pays-destinateur beseet, datt d'Servicer vum lëtzebuergeschen Opérateur net konform zum respektiven auslännesche Gesetz sinn oder wären, da gëllt trotzdeem d'Gesetz vum Lieu d'établissement du prestataire de services, dat heescht vum Centre des activités du prestataire.

Déi jeweileg Autoritéite kënnen awer Mesuren ergräifen, déi d'Iibre circulation vu Servicer vun der InformatiounsgeseIlschaft aus anere Memberstate limitéieren, fir d'öffentlech Sécherheet, d'Gesondheet an de Konsument ze schützen. Et sief bemierkt, datt d'Convention de Rome ëmmer nach applicabel bleift, wéi zum Beispill am FaIl vu Jeux d'argent. Aus Sécherheetsgrënn huet dëse Projet de loi, esou wéi de Statsrot dat och monéiert huet, sech d'Dier opgehalen, fir a puncto Jeux d'argent méi restriktiv kënne virzegoen. Esou wéi d'Gesetz vum 20. AbrëIl 1977 dat virgesäit, ka Lëtzebuerg Geldspiller iwwer Internet verbidden.

A wa mer scho vu Sécherheet schwätzen, da wéilt ech an engem nächste Schrëtt op verschidde Punkten ze sprieche kommen, déi, well se eng gewësse Rei u Surveillanceméiglechkeete bidden, folglech och an de Kader vum Konsumenteschutz falen. Niewebäi bemierkt: De Schutz vum Konsument läit eis jo alleguer um Häerz. Ech erënneren lech dofir drun, datt en anert Gesetz iwwert d'Protection du consommateur bereets ënnerwee ass.

Mä e gewëssenen Deel u Konsumenteschutz ass och am Projet 4641 scho virgesinn, zum Beispill wat de Paiement électronique betrëfft. De Projet gesäit hei e Régime de partage de la responsabilité souwuel fir den Titulaire, wéi och fir den Emetteur vir. Am Fall wou den Titulaire eng Operatioun kontestéiert, läit d'Charge de la preuve an den Hänn vum Emetteur. Mä och de Beräich “Communications commerciales non sollicitées” fält an de Beräich Konsumenteschutz. An der Praxis heescht dat

näischt aneschters, wéi déi Invasioun u Publicitéit, déi de Konsument oder Utilisateur iwwer Internet zougeschéckt kritt.

Den "opt-out"-System soll dëser Publicitéitsmass virbeugen. Beim System "opt-out" ass d'Communication commerciale ëmmer erlaabt, et sief dann de Konsument huet sech "ausgeopt". De Statsrot huet an dësem Kontext eng Opposition formelle formuléiert, well am Ufank virgesi war, iwwer Règlement grand-ducal eng Autorité compétente ze désignéieren, déi dëse System sollt verwalten.

Dës Opposition formelle ass zréckbehale ginn an de Projet gesäit elo vir, dem Konsument eng Lëscht unzebidden, an déi hie sech kann androen, wann hie keng Communication commerciale wëllt kréien. Dës Lëscht muss da vun all Prestataire de services consultéiert ginn, ier de Konsument Publicitéit zougeschéckt kritt. A Frankräich huet d'Fédération des entreprises de ventes à distance sou eng Lëscht erausginn. Um europäesche Plang schafft d'Fédération européenne de marketing direct u sou enger "opt-out"-Lëscht, déi europawäit gülteg soll ginn.

Mat sou enger Lëscht kënnen eis PMEen hir Marketing-Politik effikass bedreiwen. Ier si hir Publicitéit verschécken, musse si d'"opt-out"-Lëscht consultéieren a kënne sech sou direkt un déi Konsumente riichten, déi gewëllt sinn, d'Communication commerciale ze ëmfänken. E Règlement grand-ducal hält da fest, wéi eng Lëschte vum Prestataire consultéiert musse ginn, ier e fortschéckt.

Dëst ass net nëmme wierkungsvoll fir d'Marketing-Politik vun de Prestatairen, mä och de Konsument ass zu engem groussen Deel virun ongewollter Publicitéit geschützt. Am Commerce électronique geet et jo och drëm, fir dem Konsument e gewëssent Mooss u Sécherheet ze ginn, well den direkte Kontakt mam Prestataire net méi besteet.

Ëmsou méi wichteg ass et dofir, datt de Konsument d'Méiglechkeet huet, op bestëmmte Critèren zréckzegräifen, déi hien informéieren, mat wéi enger Entreprise hien ze dinn huet a wéi grouss d'Seriositéit vun dëser Entreprise ass.

Mat dësem Projet hu mir dofir e Système d'accréditation agefouert, deen natierlech op volontairer Basis berout, well de Marché des services jo fräi ass. An anere Wierder, all Prestataire de services ka froen, fir vum Ministère, an deem seng Kompetenz hie fält, akkreditéiert ze ginn. Iwwert de Wee vu Règlement grand-ducal wäerten eng Rei vun Normen éditéiert ginn, déi de Prestataire de service de certification erfëlle muss, fir seng Akkreditatioun ze kréien.

Dës Norme soIlen dokumentéieren, wéi fiabel d'Servicer sinn, déi e Prestataire offréiert. An enger vun esou Norme kéint z.B. festgehale ginn, wéi e Logiciel de Prestataire gebraucht oder ob seng Kryptographies-method och de Sécherheetsnormen entsprécht. Wann d'Prestatairen also den Normen entspriechen, da gi se akkreditéiert a kommen an e Register stoe mam Titel Prestataire accrédité. Dat huet natierlech de Virdeel, datt de Konsument weess: Hei huet en et mat Leit ze dinn, déi vläicht méi seriö si wéi anerer, déi sech net mat dësem Titel prévaléiere kënnen.

De Statsrot huet awer gemengt, d'Surveillance kéim trotzdem e bëssen ze kuerz. De Projet gesäit dofir e Système de notification vir. All Prestataire muss sech also um Wirtschaftsministère mellen an e Formulaire ausfëllen, an deem e seng Aktivitéit beschreift. Anhand vun Auditeure sollen dës Aktivitéiten iwwerpréift ginn. Hir Aufgab ass et also, d'Surveillance vun den Notifikatiounen ze iwwerhuelen, d.h. ze iwwerwaachen, ob dat, wat d'Prestatairen notifiéiert hunn, och konform zu deem ass, wat si exercéieren. Fir déi Professioun vum Auditeur auszeüben, mussen natierlech verschidde Kritäre festgeluegt ginn, déi déi respektiv Kandidaten erfëlle mussen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn Iech elo a bal gutt 20 Minutten d'Haaptpunkte vum Projet 4641 virgedroen. Duerch d'Komplexitéit vun dësem Projet ass et selbstverständlech net méiglech, am mëndleche Rapport op aIl eenzelnen Detail anzegoen, sief en nach sou wichteg. Ech verweisen Iech dofir nach eng Kéier op de schrëftleche Rapport, wou Der all déi néideg detailléiert Informatiounen erëmfannt. Mä och no der Lecture vum Rapport bleiwe sécherlech nach ganz vill a ganz verschidde Froen ze klären, wéi z.B.: Wat ass déi genau gefuerdert Formatioun vun engem Auditeur? Wéi gesinn elo déi spezifesch Massnahmen aus, déi de Konsument effikass schütze sollen asw.?

Ech erënneren Iech awer drun, datt den initiale Projet dofir net ëmsoss an dräi Deeler gespléckt ginn ass: Signature électronique, Protection des consommateurs a Protection des données personnelles. D'Urgenz vun der Matière verlaangt natierlech, datt och déi zwee verbleiwend Projeten - an de Minister huet eis dat zougesot a verséchert - sou séier wéi méiglech heihin an d'Chamber kommen. Dir gesitt: Haut ass et fir d'éischt, mä nach laang net fir d'lescht, dass mer wäerten iwwert de Commerce électronique schwätzen.

D'Wichtegkeet vun dësem Projet gëtt virun allem ënnerstrach, wa mer bedenken, datt de Commerce électronique tëscht den Entreprisë selwer ¾ vum gesamte Commerce électronique ausmécht. Haaptsächlech d'PMEe kënne vun dësem neie Moyen profitéieren, well Facteure wéi reduzéiert Produktiounsdaueren oder Zouliwwerungskäschten droen natierlech derzou bäi, d'Produktivitéit an d'Rentabilitéit vun eisen Entreprisë bedeitend ze steigeren.

Mä och fir d'Bankeplaz Lëtzebuerg ass d'Entwécklung vum Commerce électronique vun enormem Virdeel. Einfach Banktransaktioune kaschten iwwer Internet 100mol manner, wéi wann Der se am Guichet vu Perso-

nal duerchféiere loosst. Nei an individuell op de Client ofgestëmmte Servicer wäerten op eiser Bankeplaz entstoen a sech verbreeden. Mat der Aféierung vun enger Gesetzgebung, déi de Commerce électronique regléiert an och légiféréiert, gi mer eisem Land d'Chance, e wichtege Schrëtt fir d'Wirtschaft ze goen. De Projet 4641 soll hëllefen, dës Entwécklung ze ënnerstëtzen an dem Konsument an Utilisateur dat néidegt Vertrauen an déi nei Kommunikatiounstechnologien ze liwweren.

Ech wéilt der Chamber nach signaléieren, dass de Projet de rapport d'lescht Woch, e leschte Méinden, ugeholl ginn ass, mat sämtleche Jo-Stëmmen an enger Abstentioun.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Norbert Haupert agedroen. Den Här Haupert huet d'Wuert.

*Discussion générale*

**M. Norbert Haupert** *(CSV).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat mannst, wat ee ka soen, ass, datt de Projet, sou wéi en hei virläit, mat enger regelrechter Schwéiergebuert ze vergläichen ass. Wann ee materlieft huet, wéi oft datt de Projet remaniéiert an amendéiert gouf, wann een dann déi technesch Ausriichtung vum Projet betruecht, da muss een de Rapporteur scho bewonneren, datt hie sech an deem Paragraphendschungel erëmfonnt huet an eis hei en detailléierte schrëftlechen a mëndleche Rapport virdroe konnt, fir deen ech him hei wéilt félicitéieren a merci soen.

*(Interruption)*

An deene leschte Joren huet d'Importenz vum Internet an domat vun alle Servicer a Méiglechkeeten, déi den Internet ze bidden huet, gewalteg zougeholl. Fir déi Jonk gehéiert d'Surfen am Internet zum Alldag. Fir déi eeler Generatioun, sou wéi ech, gëtt et e Muss, fir sech am Internet erëm ze fannen, well si soss schnell vun der Entwécklung op deem Gebitt iwwerrannt ginn.

Mat der steigender Importenz an der ëmmer méi grousser Verbreedung vum Internet kréien déi Servicer, déi duerch den Internet méiglech goufen, och eng ëmmer gréisser Wichtegkeet. Déi Méiglechkeet, déi den Internet ze bidden huet, där hir Expansioun ouni Zweifel net méi opzehalen ass, ass den elektroneschen Handel, den E-Commerce.

Wann een eleng déi rieseg Zuel un Internetsitë gesäit, op deenen ee Wueren a Servicer bestellen a kafe kann, ass ee wuel vum Entwécklungspotential, dat am E-Commerce stécht, iwwerzeegt. Donieft spillt och den E-Banking eng wichteg Roll. Ech si souguer iwwerzeegt, datt vill Lëtzebuerger doran haut schonn eng gewëssen Erfahrung hunn, well eng Partie Banken op eiser Plaz dës Servicer schonn ubidden. Dogéint ass d'Akafe vu Wueren a Servicer iwwert de Wee vum Internet sécherlech nach net an de Lëtzebuerger Gewunnechten, an dat besonnesch, well de Lëtzebuerger skeptesch ass, wat d'Sécherheet vun deenen Transaktiounen ubelaangt.

A puncto Internet an Transaktiounen, déi iwwert den Internet ofgewéckelt kënne ginn, hunn d'Autoritéiten d'Zeeche vun der Zäit Gott sei Dank schnell erkannt. Souwuel op internationalem wéi och op nationalem Plang ass doriwwer nogeduecht ginn, wéi een d'Benotze vun deene Servicer ka sécher gestalten, bei deenen notamment kënnen, respektiv musse Kontrakter ofgeschloss ginn.

Den Här Schummer ass a sengem schrëftleche Rapport op d'Aarbechte vun der OCDE, der Europäescher Unioun an der Lëtzebuerger Regierung agaangen. Ech wëll dofir net méi heirop zréckkommen. Ech wëll just positiv ënnersträichen, datt d'Zeeche vun der Zäit schnell erkannt goufen an dofir och konnt gehandelt a légiféréiert ginn, zu engem Zäitpunkt, wou den elektroneschen Handel sech nach net selwer Gesetzer ginn huet, wou et also nach méiglech war, eng Richtung virzezeechnen, déi d'Abüe vermeide kann.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Aussoe vum Premier a senger Erklärung zur Lag vun der Natioun no ass d'Lëtzebuerger Regierung gewëllt, eist Land an der éischter Liga vun deene State spillen ze loossen, an deenen déi nei Ekonomie en Haaptfeiler vun der wirtschaftlecher Leeschtung an Entwécklung gëtt.

Lëtzebuerg huet an der Vergaangenheet ëmmer erëm bewisen a gewosst, sech fir nei Technologien an déi domat verbonne wirtschaftlech Méiglechkeeten opzeschléissen. Ech denke besonnesch un d'Medien an un d'Satelliten. Den "E-Lëtzebuerg"-Plang a -Programm, deen an deenen nächste Méint wäert ausgeschafft ginn, soll et eis erlaben, och um Gebitt vum Commerce électronique mat vir bäi ze sinn a sou sécher ze stellen, datt mir net an déi zweet oder drëtt Liga erofrutschen.

De Rapporteur huet eis elo grad mat deenen techneschen a juristeschen Detailer vum Gesetzestext en long et en large vertraut gemaach. Dat erlaabt et mir, fir doriwwer ewech ze goen a mech mat deenen zwee Punkten ze beschäftegen, déi mir an dësem Gesetzesprojet besonnesch wichteg erschéngen: d'Sécherheet vum Akaf a Verkaf iwwer Internet, a besonnesch d'Sécherheet an d'Validitéit vun der elektronescher Ënnerschrëft, sou wéi den Entwécklungspotential vum Commerce électronique.

D'Sécherheet bei der elektronescher Ënnerschrëft ass ouni Zweifel ee vun den Haaptpunkten an den Haaptuleie vun dësem Gesetz. Duerch dëst Gesetz - den Här Schummer huet et schonn ervirgehuewen - gëtt d'elektronesch Ënnerschrëft jo legal unerkannt. Ënnert deenen am Projet

festgeschriwwene Bedingungen ass d'elektronesch Ënnerschrëft équivalent mat enger schrëftlecher.

D'Unerkennung vun der elektronescher Ënnerschrëft ass en neit Element. Bis elo konnt eng Ënnerschrëft nëmmen iwwer e manuellen Akt geschéien. An Zukunft kann een och iwwer elektronesch Impulser ënnerschreiwen. Den Hard-Disc oder eng Disquette mussen als Beweiselementer unerkannt ginn. Dëst gëtt duerch dëst Gesetz erméiglecht. Dëst ass awer och d'Achillessehn vum E-Commerce.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Wat ass mat der Achillessehn?

**M. Norbert Haupert** *(CSV)*.- Dir hätt sollen nolauschteren! Dann hätt Der et héieren, Här Di Bartolomeo!

Wéi sécher sinn d'elektronesch Daten?

*(Interruption)*

Wéi kann ech mech als Client drop verloossen, datt dee Fournisseur, dee sech iwwert de Bildschierm virstellt, iwwerhaapt existéiert? Wéi kann ech hien identifizéieren? Wéi confidentiel ka mäin Akaf iwwer Internet iwwerhaapt nach behandelt ginn? Kommen do net aner Leit un déi respektiv Coden a Schlësselen erun, déi da géifen a mengem Numm Kontrakter ofschléissen an ënnerschreiwen? Dat sinn d'Froen, déi sech d'Utilisateure stellen a bis elo sécher vill Leit dovun ofgehalen hunn, net vun der haut scho bestehender Offer vum Internet ze profitéieren.

D'Sécherheet vum Consommateur, also deem, deen iwwer Internet kontaktéiert gëtt a mat enger elektronescher Ënnerschrëft eng Wuer oder e Service keeft, gëtt dofir am Gesetzesprojet grouss geschriwwen. Sou gëtt fir eng Transparenz bei de kommerzielle Kommunikatiounen, d.h. bei de Reklamme gesuergt. D'Gesetz schreift genau déi Informatioune vir, déi de Fournisseur sengem Client muss liwweren, ier de Kontrakt kann ofgeschloss ginn. Et sinn dat besonnesch Informatiounen iwwert d'Qualitéit an de Präis vun de Wueren an Dingschtleeschtungen, Informatiounen iwwer Zuelungsbedingungen, iwwert d'Garantien asw..

D'Gesetz gesäit och genau vir, vu welchem Moment un de Kontrakt ofgeschloss ass. Dat ass wichteg, well mat deem Datum vill Délaien ulafen. D'Gesetz gesäit och d'Méiglechkeet vir, datt de Keefer sech nach während enger gewësser Zäit nom Ofschloss vum Kontrakt aus dem Kontrakt zréckzéie kann, ouni eng Entschiedegung ze bezuelen.

Séier wichteg sinn an deem Zesummenhank vun der Sécherheet och déi groussherzoglech Reglementer, déi a puncto Prestataires de service de certification, a puncto Akkreditatioun an och a puncto Dispositifs sécurisés de création de signature électronique geholl musse ginn an dem Projet de loi hei bäileien. Et sinn dës Reglementer, déi dem Commerce électronique hei zu Lëtzebuerg eréischt Liewen anhauchen an op där enger Säit Entreprisen aus deem Secteur encouragéieren, sech hei ze etabléieren, an anerersäits dem Consommateur déi néideg Sécherheet verschafen an doduerch d'Méiglechkeeten, déi de Commerce électronique him bitt, och benotzen.

Kryptographesch Schlëssele fir jidder eenzelne Consommateur a jidder eenzelne Prestataire vun de Servicer an eng effikass Iwwerwaachung vun de Prestataires de service de certification sinn déi wichtegst Elementer vun enger erfollegräicher E-Commerce-Gesetzgebung.

Dem Prestataire de service de certification seng Roll besteet virun allem doran, eng formell Verbindung tëscht dem Keefer an dem Verkeefer hierzestellen, déi sech jo net gesinn, sech net kennen an nëmmen iwwer codéiert Messagë matenee communiquéieren. De signéierte Message, dee vum Keefer iwwer säi private Schlëssel opginn ass, kann iwwert déi entspriechend Clé publique an de Certificat, deen de Prestataire de service de certification ausstellt, entschlësselt ginn an d'Sécherheet bréngen, datt d'Ënnerschrëft wierklech vum identifizéierte Keefer kënnt, an datt de Message um Wee vun der elektronescher Transmissioun net ëmgeännert ginn ass.

Et ass och richteg, datt d'Gesetz nëmmen deen noutwendege Kader zum Commerce électronique definéiert an d'Bestëmmungen, déi d'praktesch Ëmsetzung garantéieren, souwäit wéi méiglech iwwer Règlement grand-ducal festgesat ginn. Dat erlaabt et, ganz schnell op d'Entwécklung, déi sech um Gebitt vum Commerce électronique undeit, reagéieren ze kënnen, ouni déi laangwiereg legislativ Prozedur mussen ze duerchlafen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Entwécklungspotential vum Commerce électronique ubelaangt, sou sinn ech der Meenung, datt mir alleguer heibanne wëssen, datt dëst Potential bal onbegrenzt ass. Wann haut, wou ganz vill Leit nach keen Internet-Uschloss hunn, trotzdem schonn eng Onmass vu Sitë besteet, déi Wueren a Servicer ubidden, da kann ee sech virstellen, datt mam Ausbau vum Internet net nëmmen d'Zuel vun dësen Ubidder klëmmt, mä datt parallell och d'Offer u Wueren a Servicer, déi op dëse Siten ugebuede ginn, klamme wäert. Am extreme Fall kann ee sech souguer virstellen, datt mir eis dagdeeglech Akeef iwwer Internet maachen.

Mir mussen eis bewosst sinn, datt den Internet a ganz noer Zukunft eng explosiounsaarteg Entwécklung wäert matmaachen. Wou momentan hei zu Lëtzebuerg en Drëttel vun de Leit en Internet-Uschloss huet, wäert dëse Prozentsaz mat Sécherheet kräfteg klammen. An och weltwäit wäerten ëmmer méi Leit un déi modern E-Welt ugeschloss ginn. Dem Wuesstumspotential vum Commerce électronique sinn also keng Grenze gesat, an dëst am volle Sënn vum Wuert.

An der Zukunft gëtt den Internet an déi Servicer, déi drunhänken, zu enger dagdeeglecher Konstant. Kee wäert méi dolaanscht kommen, den Internet ze benotzen. De Commerce électronique ass e feste Bestanddeel vun enger Weltekonomie, an där d'Acteure vun Dag zu Dag méi no réckelen.

De Commerce électronique bitt Lëtzebuerg d'Méiglechkeet, fir an engem neie Wirtschaftssecteur, dee sech an deenen nächste Jore staark entwéckele wäert, an der éischter Rei ze stoen. Dat ass wichteg, wa mir eis wirtschaftlech Zukunft wëllen ofsécheren, a wa mir wëllen déi Konzeptioun, déi an deene Wochen ee Schlagwuert ginn ass, nämlech "E-Lëtzebuerg", duerchféieren.

Do stellt sech natierlech d'Fro iwwert d'Entwécklung vun eisem Commerce de détail a vun der Distributioun. Zwou Saache si sécher. Mir kënnen engersäits den Trend vun der Zäit net ophalen. Wann ëmmer méi Leit hir Akeef iwwert den Internet tätege wëllen, well dat se besser arrangéiert, da kënne mir dat net iwwer Gesetzer a Reglementer verhënneren.

Anerersäits kann de Commerce électronique jo och nei Perspektive fir eise Commerce an eist Handwierk duerstellen. Virun allem bitt hien en neien Déngschtleeschtungspotential an eis Betribslandschaft wäert sech an deenen nächste Joren nach déifgehend veränneren. Duerch d'Reduktioun vun de Stocke kann de Commerce électronique eng sensibel Reduktioun vun den Onkäschte vun de Wuerenubidder mat sech bréngen.

Mat Sécherheet bitt hien d'Méiglechkeet, de Krees vun hirer Clientèle gewalteg ze erweideren. De Commerce ka rondrëm d'Auer ausgeübt ginn. Et ass un hinnen, fir déi nei Perspektive richteg ze erfaassen an ze notzen. Och de Konsument kann, wann e sech richteg uleet, vum E-Commerce profitéieren, well säi Choix vill méi grouss gëtt.

Aus dësen Iwwerleeungen ass et wichteg, datt een d'Sécherheet vum E-Commerce esou schnell wéi méiglech iwwert d'Gesetz assuréiert, fir datt mir wierklech am éischte Peloton vun der Entwécklung vun dësem neie Secteur dobäi sinn. Mat dësem Projet betriede mir e Stéck Neiland. Dofir kann de Projet och net d'Prétentioun stellen, ausgeräift ze sinn an en ass sécher nach verbesserungs- an ausbaufäeg. Hie stellt de Grondsteen fir eng ofgeséchert Entwécklung vum Commerce électronique duer.

Op dee Grondsteen ka sécher an Zukunft opgebaut ginn, fir sech der rasanter Entwécklung vum Commerce électronique unzepassen. Well et eis awer wichteg schéngt, d'Kaderbedingunge fir eng gesond Entwécklung vum Commerce électronique ze erstellen, wäert d'CSV dëse Projet stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Marc Zanussi agedroen. Den Här Zanussi huet d'Wuert.

**M. Marc Zanussi** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir beschäftegen eis haut mat engem Gesetz iwwert de Commerce électronique, an domat selbstverständlech och mam Thema Internet. Den Thema Internet ass - egal wat fir eng Press ee suivéiert a wat fir eng Medien ee consultéiert - permanent dobäi.

Déi leschte Kéier, wou mir eis an der Chamber intensiv mat deem do Thema beschäftegt haten, war bei der Geleeënheet vun engem Débat d'orientation - ech mengen dat war 1998 -, iwwert d'Informatiounsgesellschaft. Duerno hu mir eis regelméisseg, sief dat iwwer Questions parlementaires oder bei anere Projeten, mat deem do Thema beschäftegt an et ass och praktesch keng Regierungserklärung eriwwer gaangen, ouni datt de Premier dëse Sujet net ugeschwat huet.

Dat huet selbstverständlech ee gudde Grond. Mir hunn als Land an deem do Beräich op e puer Punkten eng ganz Rei vun Defiziter. D'Diskussioun vun dësem Gesetz - denken ech - ass eng gutt Geleeënheet, fir do deen een oder anere Punkt an de Vierdergrond ze stellen.

Dee gréissten Défi, deen et eiser Meenung no bei der Diskussioun iwwert den Internet ze erreeche gëlt, ass dee vun der Demokratie. Den Internet muss en demokratescht Instrument ginn, dat heescht e muss fir jiddereen accessibel ginn. Et muss en Instrument vun der Integratioun ginn. Et däerf keen Instrument ginn, wat nei sozial Bréch an der Gesellschaft opkomme léisst.

Allerdéngs weisen déi lescht Etüden an déi lescht Sondagë vun der ILRES, datt mir um gudde Wee an déi do Richtung sinn. Ganz einfach duerch d'Tatsaach, datt Leit mat engem héije Bildungsniveau méi um Internet surfen, wéi Leit mat engem manner héije Bildungsniveau. Dat ass eng Erkenntnis, déi duerch déi Meenungsëmfroen ermëttelt ginn ass an déi sécherlech net gutt ass, a wou mir eppes dogéint maache mussen.

De Statsminister huet sech an der leschter Erklärung zu der Lag vun der Natioun och doriwwer opgereegt a bemängelt, datt d'Lëtzebuerger net genuch surfen. Hien huet festgestallt, datt den Accès ze schwiereg ass, an datt d'Tarifer ze héich sinn. Wa mir déi do Erkenntnisser hunn an ech denken, datt déi Erkenntnis gedeelt gëtt, da musse mir eppes dogéint maachen.

Firwat net higoen an d'Tariffer erofsetzen?

Firwat net higoen an zum Beispill all Bierger am Land eng gratis E-Mail-Adress zur Verfügung stellen?

Firwat net dofir suergen, datt an de Schoulen an an de Jugendhaiser en Accès gratuit op den Internet garantéiert gëtt?

Firwat net déi Gemengen ënnerstëtzen, déi amgaange sinn an deem do Beräich Projeten ze maachen?

Wann ee queesch duerch d'Land kuckt, da stellt ee fest, datt eng Rei Gemengen amgaange sinn do grouss Efforen ze maachen. Et gëtt an der Zwëschenzäit Uertschaften a Stied am Ausland, déi hirer Populatioun souwuel den Accès, wéi och d'Kommunikatiounen um Internet zur Verfügung stellen, an dat iwwert de Wee vun eegene Réseauen. Dat si keng kleng Stied, mä dat si Stied wéi Hamburg, Léck, Amsterdam oder och nach anerer, déi ech elo net alleguer opziele wëll.

E weideren Défi am Internet, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, läit an der Ausbildung. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg, grad wéi aner Länner och, en Defizit u qualifizéierte Leit an deem do Beräich. Eng ganz Rei vu Projeten am Zesummenhank mam electronic banking oder dem E-Commerce gi gebremst, well keng Leit zur Verfügung stinn, fir déi do Projete weiderzedreiwen.

Am Rapport vun der OCDE, deen a leschter Zäit erauskomm ass, ass och festgestallt ginn, datt dat do eng Schwaachstell vun eiser Ekonomie ass. Am europäesche Feld schneide mir och als Lëtzebuerg net zevill gutt of.

Ee Rapport, dee vun der Europäescher Kommissioun erstallt ginn ass, a wou doropshin en zousätzleche Projet an d'Liewe geruff ginn ass, ass dee vum E-Learning ënnert der Responsabilitéit vun der Mme Reding. Mir hunn als Educatiounskommissioun op eis Initiativ hin d'Mme Reding an d'Kommissioun invitéiert fir eis deen do Projet ze presentéieren a fir méiglecherweis och deen een oder anerer Usaz dovun ofzeleeden, wéi een de Problem vun der Formatioun an deem do Beräich kann an de Grëff kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domat denken ech, datt eng Rei vu Saache gesot sinn, mä et muss een och weiderhi kucken, datt an deem do Beräich Informatiounen herrschen. Et ass eng Tatsaach, datt et zum Beispill schwiereg ass eraus ze fannen, wéivill Lëtzebuerger Studenten an deenen nächste Jore mat enger Informatiksausbildung op de Marché kommen. Dat ass net méiglech.

Ganz einfach aus där Ursaach, well virun enger Rei vu Joren am Service d'orientation d'Informatiker net an enger separater Rubrik gefouert gi sinn, wa si op d'Uni gaange sinn. Dat ass en Zeechen dofir, datt mir an deem do Beräich nach en Nohuelbedarf hunn. Mir sollten dovu profitéieren, fir dat do ze maachen.

Wann ee vum Internet schwätzt, da schwätzt een dovun, datt muss e Liewe laang geléiert ginn. Ganz einfach dowéinst, well soss d'Kluft tëschent där ëmmer méi schneller Entwécklung an dem Wësse vun de Leit an deenen nächste Joren ëmmer méi grouss wäert ginn.

Den Internet an alleguer seng Méiglechkeete ginn als drëtt industriell Revolutioun duergestallt, no der Erfindung vun der Dampmaschinn a vun der Elektrizitéit. De Rapport vum Morgan Stanley Dean Witter schreift iwwert d'Entwécklung vum Internet an Europa, datt mir do amgaange sinn eng Revolutioun ze erliewen, an datt d'Zuel vun den Internet-Benotzer am Laf vun den nächste véier Joer sech vervéierfachen an den E-Commerce explodéiere wäert. Mäi Virriedner ass schonn drop agaangen. Effektiv weisen all Statistiken dorop hin.

Net nëmmen d'Tatsaach, datt d'Zuel vum Business to business amgaangen ass an d'Luucht ze klammen, mä och d'Particuliers si permanent amgaangen, méi iwwert den E-Commerce anzekafen. Lescht Etüden am Frankräich zum Beispill beweisen, datt innerhalb vun deene leschte 6 Méint den Taux vun deene Leit, déi iwwert den E-Commerce akaaft hunn, sech verduebelt huet.

Et héiert een an et liest ee regelméisseg vun Erfollegsstorië vun E-Commerce-Entreprisen an den Zeitungen. Do héiert een, datt vill Geld am Spill ass. Rezent konnt een nach liesen, datt Amazon 11 Millioune Clienten huet, datt si dëst Joer e geschätze Chiffre d'affaires vun 1,45 Milliarden Dollar huet, an datt si e Börsewäert vu 27 Milliarden Dollar huet. Woubäi een awer muss wëssen, datt Amazon nach ëmmer mat Defizit schafft. Aus alleguer deenen do Ursaachen ass et noutwendeg, e Gesetz iwwert de Commerce électronique ze hunn.

Am Abrëll 1999 huet den deemolege Wirtschaftsminister Robert Goebbels e Projet zum Commerce électronique déposéiert. Et war e voluminösen Text. En hat doduerch de Verdéngscht, datt e relativ komplett war. En hat sécherlech awer och eng Rei Schwaachstellen, déi een hätt kënnen ausbesseren. De Rapporteur John Schummer ass schonn dorop agaangen.

Dës Regierung an dës Majoritéit hätte sollen op der Basis vun deem do Text diskutéieren, e verbesseren an e verabschieden. Da wäre mir haut scho vläicht an der Situatioun, datt mir iwwert d'Revisioun vun deem do Gesetzestext kéinten diskutéieren a mir hätte wäertvoll Zäit vis-à-vis vun eisen Nopeschlänner gewonnen. D'Argument vun der Regierung, fir net op Basis vum Text vum fréiere Wirtschaftsminister ze diskutéiere war dat, datt en net méi den Direktiven entsprieche géif, an datt en zevill kompliziéiert wär.

Den Text dee mir haut virleien hunn, entsprécht och net an alle Punkten den Europäeschen Direktiven, oder en hëlt net all Méiglechkeet op, déi déi Direktivë schafen. En ass onkomplett, well dee Beräich vum Konsumenteschutz nëmmen deelweis iwwerholl ginn ass a well d'Direktive 95/46 a 97/66 an deem hei Text net ganz ëmgesat sinn. Dat ass eng Kritik déi de Conseil d'Etat an donieft och d'ABBL un deen Text riicht.

Dobäi stellt ee fest, datt ëmmerhin 10 Règlements grand-ducaux zum Text net virleien. Ech erënnere mech

gären an oft un déi Szenen, déi hei vun der Demokratescher Partei opgefouert gi sinn, wann Texter virgeluegt gi sinn, wou d'Règlements grand-ducaux net dobäi waren. Hei feelen 10 Règlements grand-ducaux, esou datt den Text net den Usproch stelle kann, e wär komplett.

Déi ufänglech Lethargie vun der Regierung an deen ofschléissende Stress, dee mat der Diskussioun ëm dësen Text verbonne war, hunn natierlech och dozou gefouert, datt vläicht déi Konsultatiounen, déi hätte misse mat den Acteuren um Terrain gemaach ginn, net konnten esou am Detail ofgehale ginn.

Esou konnt zum Beispill dee leschten Avis vun der ABBL net an deem Mooss diskutéiert ginn. En ass allerdéngs och ganz spéit erakomm. Dat muss ee wéinst der Éierlechkeet zouginn.

Mä dat entsprécht awer och net där esou oft ugekënnegter Dialogbereetschaft vun der Demokratescher Partei. Besonnesch mat engem Partner wéi der ABBL, déi jo awer an der Vergaangenheet an och nach haut e privilegiéierten Diskussiounsriedner war an ass. Den Dialog mat der ABBL ass an dësem Projet vu grousser Bedeitung, well de Secteur financier d'Speerspëtzt vun dëser "new economy" duerstellt.

No den Etudë vun de Sociétéiten Heliview an E.D.S, déi elo kierzlech realiséiert gi sinn, gouf dann och festgestallt, datt de Secteur financier ronn 8 Milliarden Investissementer an deenen nächste Joren an d'Informatiounstechnologie stécht.

**M. le Président**.- Den Här Schummer wëllt Iech eng Fro stellen.

**M. Marc Zanussi** *(LSAP)*.- Jo!

**M. John Schummer** *(DP), rapporteur*.- Här Zanussi, Dir werft der Demokratescher Partei vir, net genuch Dialog ze weisen an net mat de Partner ze schwätzen. Ech wëll Iech just soen, datt de Rapport fäerdeg war, an datt mir - Dir waart zwar net an der leschter Sitzung - eng hallef Stonn ier de Rapport diskutéiert an ugeholl ginn ass, eréischt den Avis vun der Chambre de Commerce kritt hunn. Dat ass net onse Feeler!

Wa mir dat froen, a mir kréien dat eréischt esou spéit, dann ass dat wierklech net onse Feeler. Mir hu keng Influence do drop.

**M. Marc Zanussi** *(LSAP)*.- Här Schummer, ech hu jo gesot, datt dee Rapport spéit komm ass. Op där anerer Säit muss ech Iech awer soen - an do gitt Dir mir bestëmmt Recht -, datt d'Diskussiounen an den Zäitraum, dee mir an der Chamberskommssioun hate fir iwwert dëse Projet ze schwätzen, méi wéi limitéiert waren. Et hätt ee sech och eng aner Prozedur kënne virstellen. Domat mengen ech, datt ech op dem Här Schummer seng Interventioun geäntwert hunn.

Ech kommen awer elo zréck zu denen Etüden, déi realiséiert gi sinn an déi soen, datt 8 Milliarden Investissementer an deenen nächste Joren an d'Informatisatiounstechnologië gestach ginn. Dat si ronn 42% vun de geplangten Investissementer insgesamt. An därselwechter Etüde gëtt dann och festgestallt, datt 72% vun deene 400 Entreprisen en Accès zum Internet hunn. 28% hunn en Intranet. 32% hunn hiren eegene Site an 13% sinn am E-Commerce aktiv. Op Grond vun deenen do Chiffere versteet een och d'Bedürfnis ze dialogéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Législatioun iwwert de Commerce électronique ass jo net direkt fir déi Entreprisen, déi sollen heihi kommen, e finanziellen Ureiz. Fir datt et awer iwwerhaapt en Ureiz soll sinn, muss déi Législatioun méiglechst komplett sinn. Si muss eng Rechtssécherheet bidden an doduerch e Marketingelement sinn, mat deem mir eis als Lëtzebuerger Land dobausse verkafe kënnen.

Dat Marketingelement, wéi gesot, spillt awer nëmmen dee Moment, wou ee wierklech e kompletten Dossier kann ubidden. Ech hu jo scho virdru gesot gehat: Souwuel d'ABBL wéi de Conseil d'Etat plädéiere fir eng gesamt Gesetzgebung an deem dote Beräich. Et ass och signifikant, wann ee weess, dass d'ABBL signaliséiert huet, dass et eng Rei vun Entreprisen, besonnesch an Italien an an der Schwäiz, gëtt, déi gär bereet wieren, hire Geschäftsberäich vum E-Commerce op der Lëtzebuerger Finanzplaz ze festegen, wa se d'Garantie vun engem anstännege juristesche Kader hunn.

D'Ëmsetzung vun dëser Direktiv huet natierlech den Nodeel, wéi aganks gesot, dass déi aner Direktiven iwwert de Konsumenteschutz net dobäi sinn. An der Kommissioun ass dat och ugeschwat ginn, an et ass festgehale ginn, dass zwee separat Gesetzestexter sollen nogeliwwert ginn. Am Rapport steet ebefalls d'Iddi vum Code de commerce électronique, déi den Här Grethen lancéiert huet. U sech eng gutt Iddi! Et muss ee just dofir suergen, dass se och an d'Praxis ëmgesat gëtt.

Den Här Schummer huet hei a sengem mëndleche Rapport eng ganz Rei vun Aspekter vun deem aktuelle Projet duergeleuegt. En huet op dee schrëftleche Rapport verwisen, dee ganz detailléiert ass, op deen ech dann och verweisen. Ech wëll just zu e puer Artikele Kommentaren ofginn.

Ee vun deene wichtegste Beräicher ass sécherlech dee vun der Sécherheet am Internet. Deen ass vun deem engen oder anere Virriedner schonn ugeschwat ginn. Am Artikel 2 gi mer eis d'Méiglechkeet - mir schwätzen op jidde Fall emol dovun -, fir Méiglechkeeten an d'A ze faassen, fir eng Rei vun Informatiounen, déi iwwert den Internet zirkuléieren, ënnerbannen ze kënnen.

Eh bien, wann ee liest, wéi mer dat wëllen erreechen, fir Informatiounen ze ënnerbannen, falls se dem Ordre public, der Sécurité publique oder der Santé publique geféierlech oder géint d'Interesse vum Konsument ginn,

dann hu mer eis eng Prozedur an dësem Text ginn, wou d'Memberland consultéiert gëtt, wou d'Entreprise etabléiert gëtt, wou d'europäesch Kommissioun soll ageschalt ginn, mä alles dat weist e bëssen d'Schwieregkeet, déi ee mat der Kriminalitéit am Internet huet, wann ee weess, dass z.B. d'Identitéit an aner Saachen net sou einfach opzedreiwe sinn.

Et spigelt eng gewëssen Hëlleflosegkeet vis-à-vis vun esou Aktivitéiten erëm. Dat ass sécherlech net den eenzegen Nodeel vun dësem Text, mä eng Tatsaach, déi och schonn op anere Plazen diskutéiert ginn ass, fir d'lescht elo am Mee vun dësem Joer zu Paräis bei der Entrevue vun de Länner vum G8, wou z.B. dovu geschwat ginn ass, fir eng international Cyberpolice anzeriichten, oder ähnlech Saachen. D'Fransousen hunn dorop reagéiert mat engem Office central de lutte contre la criminalité liée aux technologies d'information.

Ech géif just wëllen der Regierung mat op de Wee ginn, déi dote Froe suergsam am A ze behalen, och en A op d'Entwécklung an d'Diskussiounen am Ausland ze halen, fir änner Ëmstänn de Gesetzesprojet hei op deem engen oder anere Punkt unzepassen a méiglecherweis ze verbesseren.

En zweet Thema, wat ech wëll uschneiden, ass dat vun der Sécherheet vun der Signature électronique. Dat ass ouni Zweifel d'Kärstéck vun deem gesamte Commerce électronique!

"Schon jetzt gehen die wirtschaftlichen Schäden durch Hacker in die Milliarden", schreift de Peter Brors de 7. Dezember 1999 am "Handelsblatt", eng Tatsaach, déi ee muss erschrecken. Wann déi "new economy", déi sou oft virgezeechent gëtt, deen Ëmfang soll erreechen, dee vun de Wirtschaftsprognostiker an Aussiicht gestallt gëtt, da mussen d'Sécherheetsinfrastrukturen an deem dote Beräich nach verbessert ginn.

D'Acteuren an eisem Gesetz, déi d'Garantie fir d'Sécherheet vun der Signature électronique duerstellen, sinn engersäits d'Signatairen, déi mat hiren Instrumenter dofir suergen, dass iwwerhaapt eng Signature électronique produzéiert gëtt, an op der anerer Säit d'Prestataires de service de certification, déi Certificaten erstellen an domat garantéieren, dass d'Ënnerschrëft identesch ass mat där Persoun, där se och gehéiert.

D'EG-Direktiv seet, dass déi doten Aktivitéiten net enger spezieller Autorisatioun ënnerleien, mä ledeglech brauchen notifizéiert ze ginn. Dat huet natierlech de Virdeel, dass bal jiddereen déi doten Aktivitéit ka maachen. Et huet awer och den Nodeel, dass fir deen, deen déi Certificate kritt, net iwwerall déi noutwendeg Garantië kënnen erstallt ginn. Dofir ass et wichteg, dass mer am Gesetz déi Notioun vun der Accréditation volontaire hunn.

Domat gëtt och eng Autorité nationale d'accréditation et de surveillance geschafen. D'Entreprisë kréien iwwert de Wee vun engem Audit d'Méiglechkeet, sech sou eng Akkreditatioun unzëeegnen, wat natierlech fir d'Leit oder d'Organisatiounen, déi déi Certificate bestellen, eng zousätzlech Garantie a Sécherheet bedeit. Et kann een also nëmme fir d'Zukunft roden, sech e Certificat an eng Signature électronique vun enger Entreprise erstellen ze loossen, déi déi noutwendeg Akkreditatioun huet, well dat awer e Plus u Sécherheet duerstellt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Certificaten, déi do erstallt ginn - an dat ass och am Text op där enger oder anerer Plaz libelléiert -, kënnen iwwer Kontrakter mat deem Partner, jee nodeem, wéi se ausgesinn, geregelt ginn. Si sinn zäitlech limitéiert, aus Sécherheetsgrënn, a si kënnen och, jee no Wonsch, eng Rei vu méi oder manner grousse Garantië mat sech bréngen.

Ech hunn awer dee Punkt vun der Sécherheet vun der Signature électronique ugeschwat, well och méiglecherweis do fir d'Land en neie Créneau kéint entstoen! D'Verschlësselungstechnologië sinn nach net um leschte Stand ukomm. Do ass eng permanent Entwécklung amgaangen, an et si permanent Neiegkeeten um Maart.

Et muss ee soen, dass am "Lëtzebuerger Land" 1999, am Oktober, e ganz interessanten Dossier iwwert dee ganze Beräich war, an ech hunn dunn en Deel vu menger Opmierksamkeet op en Artikel vum Här Lorang geriicht, dee Koordinator vun engem "high security"-Online-Projet ass, deen de Virschlag gemaach huet, fir hei zu Lëtzebuerg e wëssenschaftlecht Institut anzeriichten, dat Forschungsaarbechten an deem dote Beräich géif maachen, op Basis vun der Froestellung vun den Entreprisen an der Gesellschaft hei zu Lëtzebuerg.

Sou e wëssenschaftlechet Institut hätt änner Ëmstänn de Virdeel, dass een och eng Rei vun neien Entreprisen op Lëtzebuerg kéint unzéien, déi d'Garantie hätten, dass se an deem Institut och Leit fannen, déi déi doten Aarbechte kéinte maachen, a méiglecherweis géif sech aus sou enger Aktivitéit och en neit Exportgeschäft fir Lëtzebuerg erginn. Mir si jo als Land ëmmer op der Sich no neie Créneauen. Et wär menger Aschätzung no derwäert, doriwwer nozedenken, an ech kann dem Här Lorang, deen ech leider net kennen, nëmme félicitéiere fir deen Artikel, deen en do geschriwwen huet.

Da wéilt ech hei nach en Artikel, dee sech mat der Protection des données à caractère personnel beschäftegt, kommentéieren. Do geet et, am Artikel 20, ëm de Pseudonym.

Et ass méiglech, dass Persounen eng elektronesch Ënnerschrëft änner engem Pseudonym kënnen ufroen, d.h. si si just fir de Prestataire detektabel. Mir wëssen, dass déi Fro vum Pseudonym an domat d'Fro vun der Anonymitéit eng méi grondsätzlech Diskussioun ass. Mir wëssen och, dass d'Banken e besonnesche Wäert op déi doten Anonymitéit oder op d'mannst op dee Pseudonym

do leeën. Si hätten am léifsten nach vill méi eng wäitgehend Anonymitéit.

Et muss een awer och gesinn, dass am Moment a Frankräich eng Diskussioun genee iwwert déi dote Fro amgaangen ass, an et kann ee sech d'Fro stellen, wéi wäit dass déi Anonymitéit do soll goen. Ech denken, dass fir eist Verständnis dat, wat elo am Text steet, duergeet. Éischter manner wéi méi wär eiser Meenung no gutt, besonnesch well duerch eng total Anonymitéit och der Kriminalitéitsfuerschung eng ganz Rei vu Barrièrë gesat sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aganks hunn ech driwwer geschwat gehat, dass d'Signature électronique - dat steet och am Text - gläich wär mat der Signature manuscrite. Wann een dann awer den Text weider liest, da stellt ee fest: Si huet effektiv de gläiche Wäert, mä si kann awer net an alle Beräicher applizéiert ginn. Am Titre IV steet, dass eng Rei vu Kontrakter net kënnen iwwer Signature électronique ofgeschloss ginn, z.B. am Beräich vum Notaireswiesen oder an anere Beräicher. Et stellt een och fest, dass z.B. alleguer d'Professions réglementées vun där doten Dispositioun ausgeschloss sinn, obwuel d'EG-Direktiv d'Méiglechkeet gebueden hätt, fir se anzebannen.

Ech froe mech, firwat dass déi doten Exclusioune sinn. Ech kéint mer ouni Problem e Cybernotaire virstellen! Ech ka mer gutt virstellen, dass ee sech dofir net misst déplacéieren. Dofir, fannen ech, hätte mer an dësen Text och déi doten Exclusiounen net bräichten anzeschreiwen, well se eis jo och duerch d'Direktiv net imposéiert gi sinn.

Dann zum Artikel 72: Dee beschäftegt sech mat engem Comité de commerce électronique. Ech komme lues a lues zum Schluss vun der Interventioun.

Mir sinn der Meenung, dass den Text, sou wéi en hei virläit - an domat wëll ech da kengem e Reproche maachen -, einfach duerch d'Evolutioun muss ugepasst ginn, regelméisseg. Et steet am Text, dass dee Comité iwwert de Commerce électronique ka geschafe ginn. Ech géif d'Regierung wierklech invitéieren, dofir ze suergen, dass dee Comité do soll geschafen an zesummegesat ginn, dass all d'Acteuren, souwuel aus dem private wéi och aus dem öffentleche Secteur, dora vertruede sinn, ganz einfach well mer wahrscheinlech am Laf vun dëser Legislaturperiod nach méi wéi eng Kéier op deen heite Gesetzesprojet wäerte missen zréckkommen, einfach op Grond vun der Aktualitéit a vun der Evolutioun.

Et wär gutt, wa sou e Comité d'Applikatioun vun dësem Gesetz suivéiere géif, fir eis da Verbesserungsvirschléi kënnen ze maachen. Ech hunn och nach viru kuerzem an der Zeitung gelies, dass an deem dote Beräich ganz vill a Bewegung ass. An der europäescher Gemeinschaft gëtt iwwer eng EG-Direktiv diskutéiert, fir och de Commerce iwwer Internet TVA-flichteg ze maachen. Do sinn also eng ganz Rei vun neien Elementer, déi an deenen nächste Wochen a Méint op eis duerkommen, an ech géif also wierklech dofir plädéieren, sou e Comité anzesetzen, fir dee Suivi do ze garantéieren.

Dann, ofschléissend: Wa mer nu wierklech dat mam Commerce électronique a mat dësem Gesetz ganz eescht huelen, wa mer alleguer der Meenung sinn, dass sech hei, wéi virdru vum Här Schummer an ebefalls vum CSV-Spriecher bemierkt, eng Rei vu Froen aus dem Text erginn, da misst jo dësen Text, spéitstens nodeem e publizéiert ass, op d'mannst op englesch iwwersat um Internet-Site zur Verfügung stoen, fir dass all déi Entreprisen, déi elo wëllen op Lëtzebuerg kommen, e kënne consultéieren, an et misst e Service ugebuede ginn, fir alleguer déi Froen ze beäntweren, déi am Zesummenhang mat deem doten Text stinn.

Wann ech bedenken, dass mer an deem heite Beräich wëllen e Punkt markéieren - a mir sollten dat maachen, am Interesse vum Land -, dann, fannen ech, misste mer och de Corollaire dozou maachen, nämlech sou Dingschtleeschtunge wéi déi doten ubidden.

Da wéilt ech als allerlescht soen, dass mer als Fraktioun dëse Projet stëmmen. Dëse Projet huet, wéi gesot, eng Rei vu Lacunen an Defizitter, mä mir hu genuch Zäit verluer, ier mer sou e Gesetz haten, an an der Erwaardung, dass dëst Gesetz dem Land eppes bréngt an iwwert dee Comité och regelméisseg verbessert gëtt, bréngen ech wéi gesot den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Text.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass d'Mme Agny Durdu agedroen. D'Mme Durdu huet d'Wuert.

**Mme Agny Durdu** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Zäit an eis Gesellschaft si geprägt vun engem Phenom, deen do heescht Informatiounsgesellschaft.

Den Internet an domat och de Commerce électronique si mëttlerweil zu engem geleefege Begrëff gi fir e grousen Deel vun eise Bierger. Bis Enn dës Jors sollen 30% vun de Stéit zu Lëtzebuerg en Internet-Uschloss hunn. Am Alldag vun eise Banken an Entreprisen hunn dës nei Kommunikatiouns- an Handelsmëttelen hir fest Plaz ageholl. Ongeféier 40% vun den Entreprisen hunn hiren eegene Website.

Déi sougenannt “nouvelle économie” zeechent sech engersäits duerch eng Gesamterhéijung vun der Produktivitéit aus, an anerersäits duerch eng Erhéijung vun den Aarbechtsplazen. Tëschent 1985 an 1999 huet eist Land e Wirtschaftswuesstum vu 5,5% opzeweisen. Dat ass déi beschte Performance a ganz Europa. 1999 sinn d'Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg ëm 5,4% geklommen. Dësen Opschwong gëllt fir all eis Wirtschaftssecteuren, mä

besonnesch ee Beräich stécht eraus mat 9%, dat ass dee vun den Déngschtleeschtungen.

Déi Zuele beweisen, datt Lëtzebuerg mat engem Been de Sprong an d'"nouvelle économie" bestëmmt scho gepackt huet. Mä laut STATEC ass et awer nach net zu engem Décollage vun der Gesamtproduktivitéit vun de wirtschaftleche Facteuren an domat den Indicateure vum technologesche Progrès komm.

Här President, allze gär kucke mir jo no Amerika, wann et ëm wirtschaftlech Date geet. Net zu Onrecht, well Amerika kann ouni Zweifel als d'Land vum wirtschaftlechen Opschwong a Wuelstand par excellence gëllen: hir Croissance hält elo schonn 8 Jor laang un, hir Expansioun bedréit 4% an d'Inflatioun hu si mat 2% ganz fest am Grëff. Am Verglach mat Amerika steet Lëtzebuerg souguer e bësse besser do, well de wirtschaftleche Wuesstum war bei eis 5% am leschte Jor a bei hinne 4,2%.

Wann déi Evolutioun, déi Amerika eis haut virweist, op de Kontinent soll kommen - an dat wäert jo da wahrscheinlech och sou sinn -, da gëllt et als Kontinent, a ganz besonnesch fir eis als klengt Land mattsen an Europa, opzepassen, fir keng Moutarde après dîner ze maachen. Well spéitstens wa mir e Bléck op d'Entwécklung vun de moderne Kommunikatiounstechnologië werfen, da gëtt däitlech - an dat ass och scho bei menge Virriedner ugeklongen -, datt mir do nach hannendra sinn, an och ënner anerem hanner Amerika leien.

Zum Beispill hu mir momentan 20% Internetuschlëss, mä d'Amerikaner surfe 44-mol méi. Een amerikanesche Stot vun dräi ass online, an ee vun dräi keeft online.

Mir gesinn also, datt Lëtzebuerg an dësem Kontext nach laang net de beschtméiglechen internationale Standard erreecht huet. Eleng den Accès un d'Informatioun geet net duer. D'Kompetitivitéit vun enger Natioun, vun enger Entreprise oder enger Bank baséiert sech op d'Connaissance, op d'strukturéiert Accumulatioun vun der technologescher Informatioun an op d'Managementkapassitéiten. Mä d'Kompetitivitéit baséiert awer och op engem favorabele legislativen Ëmfeld. Do kënnt natierlech dee Projet, deen eis elo virläit, zum Droen.

Déi digital Revolutioun, déi eis Gesellschaft amgaangen ass ze duerchliewen, zitt hir Ressourcë virun allem aus dem elektroneschen Handel. Weltwäit gesinn huet sech eleng 1999 de Volume vum elektroneschen Handel verduebelt an de Chiffre d'affaires erreecht ongeféier 68 Milliarden Dollar.

Dës Zuele beweisen eendeiteg, wéi wichteg datt et ass fir eist Ländchen, méiglechst séier an dësem technologeschen Ëmfeld Fouss ze faassen. Compte tenu vun dësen Donnéeë kann ech, am Numm vu menger Fraktioun, et nëmme begréissen, datt mir haut iwwert dëse Projet de loi diskutéieren an debattéieren. Ech sinn dervun iwwerzeegt, dass deen en adequate Startschoss ka ginn, fir dass mir kënnen eng Virreiderroll hei spillen. D'Viraussetzungen, déi sinn do, well schliesslech läit Lëtzebuerg no Dänemark un 2. Stell an Europa, wat den Equipement u PCen an eise Stéit betrëfft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ambitioun vum Projet 4641 ass, mat der Ënnerstëtzung vun de favorabele Prämissen, déi eis Haushalter, eis Entreprisen an eis Banke sinn, Lëtzebuerg d'Chance ze ginn, eng Plaque tournante vum elektroneschen Handel ze ginn. A wéi de Rapporter et scho gesot huet, war et dofir ëmsou méi wichteg, datt eis Regierung dohi gaangen ass an dee viregte Projet iwwerschafft an den neiesten Entwécklungen am Beräich vun de Kommunikatiounstechnologien ugepasst huet.

Eis Regierung a speziell natierlech eise Wirtschaftsminister, den Här Henri Grethen, hunn et als hir Aufgab betruecht, fir datt Lëtzebuerg net nëmmen an der Theorie, mä och an der Praxis d'Strategie vum "first mover advantage" bäibehält an ëmsetzt. Dëse Projet dréit bestëmmt um europäesche Plang an doriwwer eraus zur Verbesserung vun der Konkurrenzfäegkeet vun eisem Land bäi.

Besonnesch am Beräich vun den Entreprisen, wou den elektroneschen Handel eng eminent Roll spillt, wäert dëst Gesetz zum Droe kommen. Hei spille sech nämlech dräi Véierel vum gesamten elektroneschen Handel of. Dat ass awer absolut net erstaunlech, wa mer bedenken, datt bei all Produktioun, déi sech op den Internet baséiert, zum Beipill d'Zouliwwerungs- oder d'Verkafskäschte sech reduzéieren, wann een op den Internet zréckgräift. Folglech sinn also d'Verkafs- an d'Marketingskäschte fir d'Entreprisë méi bëlleg, wa se hir Produkter oder Servicer iwwer Internet ubidden.

Duerch den Internet maache sech fir eis national PMEen nei Marchéen op, déi virdrun op Grond vun der geographescher Distanz inaccessibel blouwen. Dës nei Perspektiv an eiser Wirtschaft steigert natierlech d'Kompetitivitéit vun eisem Land, mä gläichzäiteg verlaangt se och e juristesche Kader, deen dës Regierung mat dësem Projet dohinner leet.

Een Haaptaspekt ass an dësem Kontext natierlech d'Signature électronique. Mir liewe jo an enger Kontraktgesellschaft, wou all Transaktioune mussen um Consentement baséieren, mä déi am Fong geholl hir juristesch Gültegkeet nëmme fannen, wann och eng deementspriechend Ënnerschrëft do ass. Bis haut war dës Ënnerschrëft awer onbedéngt um Pabeier erfuerdert. Mam Projet 4641 kritt déi elektronesch Ënnerschrëft endlech deeselwechte juristechen Effet, wéi eng Signature manuscrite.

Dës Mesure revolutionéiert sécherlech déi traditionell Astellung zu Kontrakter a souguer zum Code civil a mécht gläichzäiteg nei Diere fir d'Entwécklung vum Commerce électronique op. Dëse Projet probéiert awer

och, de Prestataire an den Utilisateur gläichméisseg ze schützen.

Praktesch gesi bréngen déi elektronesch Kontrakter eng ganz Rei vun Avantagë mat sech. Bedenke mer nëmmen, wéivill manner Pabeier déi Concernéiert stockéiere mussen a beim Nosiche vun Dokumenter kann ee sou munch Zäit gewannen.

Expressis verbis wollt ech och verweisen op d'Artikelen 13 bis 14 vun dësem Text, déi et elo ganz kloer den Entreprisen erméiglechen, hiren Archivage op Diskett ze maachen an déi Informatiounen, déi esou gespäichert sinn, hunn deeselwechte Wäert wéi déi traditionell Archivagen. Den Archivage gëtt also elo vill méi einfach an awer grad sou sécher. En huet déiselwecht Rechtskräftegkeet. Natierlech kann een hei all deenen Entrepisen nëmme recommandéieren, wa se op dëse Wee zréckgräifen, datt se méi wéi eng Kopie solle maache vun deeneselwechten Elementer, an datt se déi Kopië sollen op verschiddene Plaze stockéieren am Fall vun engem Incident.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Signature électronique ass zwar een Haaptpunkt vun dësem Projet, mä doriwwer eraus - an dat ass och schonn ugeklongen - sinn awer och nach gewësse Pilieren an dësem Gesetz nach net ugeschwat ginn. Et ass zwar geduecht ginn un d'Protektioun vum Konsument a vun de perséinlechen Donnéeën, mä dat wäert awer an engem anere Projet säin Nidderschlag fannen. Do ass ee spezielle Projet virgesinn, deen iwwert d'Protektioun vun den Données personnelles.

Dës Mesuren - an ech denken hei un de Système d'accréditation, un de Système de notification an un d'Surveillanceméiglechkeeten - stäerken d'Sécherheet a gläichzäiteg d'Vertrauen, déi Prestataire a Konsumenten an déi nei Kommunikatiounstechnologien hunn. Virun allem de Banke kommen dës Mesuren nëmmen zegutt, well no den Entreprisë si si déijéineg, déi den elektroneschen Handel am meeschte wäerte benotzen.

Eleng den Zäit- a Käschtegewënn bei den Transactions courantes iwwer Internet mécht dëst neit Kommunikatiounsmëttel sou wäertvoll fir d'Banken. Op Basis vun enger amerikanescher Etüd ass erauskomm, dass e Virement eng Bank 100-mol méi kascht, wann en am traditionelle Guichet effectuéiert gëtt, wéi wann en iwwer Internet geet. Dat ass och wahrscheinlech ee vun de Grënn, datt hei zu Lëtzebuerg schonn eng gutt Partie Banke mat hire Clienten iwwer Internet fueren an hinnen dëse Service ubidden. Ëmmer méi Leit wäerten dat och an Zukunft maachen.

*(M. Willy Bourg prend la Présidence)*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zuelen an d'Beispiller, déi ech Iech an dësem klengen Exposé duergeluegt hunn, beweise wéi wichteg et ass, datt Lëtzebuerg sech an der "nouvelle économie" erëmfënnt a sech do eng Plaz séchert.

Eis Bierger, eis Entreprisen, eis Banken, eis ganz Wirtschaft sinn un dësen neie Kommunikatiounstechnologien interesséiert. Si wëlle se ausschaffen an ausschöpfen. Also ass et un eis, fir hinnen deen néidege juristesche Kader ze ginn. Ech sinn zouversiichtlech, datt déi nei Regierung déi weider noutwendeg Bedingunge schafe wäert, fir de Commerce électronique ze förderen.

Den initiale Projet ass net fir näischt an dräi gedeelt ginn, an déi zwee aner Pilieren, déi nach bleiwen, notamment d'Protektioun vum Konsument an d'Protektioun vun den Données personnelles et de la vie privée, wäerten och sécherlech net op sech waarde loossen. Sollt et sech weisen, dass an deem heite Beräich d'Evolutioun esou ass, dass eng Upassung vum Gesetzestext verlaangt ass, da wäert dës Regierung sech och net scheien, dësen Text erëm op de Métier ze huelen. An dat ass dann och keng Schan, mä e Bewäis dofir, dass dës Regierung mat der Ekonomie schafft a mat hir évoluéiert.

*(Interruption)*

Ech net, meng Partei!

Well mer wëssen, wéi wichteg dësen éischte Projet fir d'Kompetitivitéit vun eisen Entreprisen ass, wäert meng Partei dëse Gesetzesprojet stëmmen an him säi vollen Erfolleg och gönnen.

Ech soen Iech merci!

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Merci, Mme Durdu. Den nächste Riedner ass den Här Greisen.

*(Interruptions)*

Den Här Greisen huet d'Wuert, Mme Stein!

**M. Fernand Greisen** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat meescht, wat hei scho gesot ginn ass zu dësem Projet, kann ech ënnersträichen.

Ech deele just den Optimismus vun de Majoritéitsspriecher net ganz, wat d'Auswierkunge vun dësem Gesetz ubelaangt. Fir d'éischt awer wëll ech all deenen, déi un dësem Projet mat geschafft hunn, merci soen, besonnesch de Fachleit aus den zoustännege Ministèren a Verwaltungen, déi d'Texter virbereet hunn.

De Commerce électronique ass eppes wéi e Moudenartikel ginn. Et läit am Trend vun der Zäit doriwwer ze schwätzen. Tatsaach awer ass, dass et de weltwäiten Handel iwwer nei Medien op elektronesche Weeër an online scho laang gëtt. Wann 1997 weltwäit ronn 14

Milliarden Dollar iwwer Dateleitunge geschéckt goufen, da gi fir d'Joer 2002 schonn 300 Milliarde geschat. Meng Zuele stamen aus enger wëssenschaftlecher Fachzäitschrëft, mä eng Lëtzebuerger Dageszeitung schwätzt souguer vu 400 Milliarden. Dir gesitt also op alle Fall, dass d'Fachleit dem elektroneschen Handel e rasanten Opwäertstrend prophezeien.

Déi noutwendeg Technologien a Protokoller besti schonn a ginn um Internet genotzt. D'konkret Fuerderung fir eng kohärent Technologiepolitik gëtt et och scho laang, ugefaange bei der Liberaliséierung vun de Mäert bis zur Organisatioun vun engem rechtlech iwwersiichtlechen Ëmfeld fir Technologieentwécklungen.

Dobäi kéint een awer och der Meenung sinn, dass et besser wier, d'Politik géif net an alles agräifen. An den USA zum Beispill war jo grad den Internet sou erfollegräich, well d'Politik sech do erausgehalen huet. Mä fir eis Politiker ass et wuel onvirstellbar, hiren Erfolleg doranner ze gesinn, dass se sech aus eppes eraushalen.

Mir stellen also fest, dass den elektroneschen Handel sech sou oder sou weider wäert ausbreeden a mir mussen eis d'Fro stellen, firwat eng Reguléierung op dësem Gebitt noutwendeg ass. Kloer an onëmstridde sinn zwou Haaptursaachen: Éischtens, de Schutz vum Konsument an de vertraulechen Donnéeën. Et feelen international unerkannte Sécherheetsstandarde fir den elektronesche Geldverkéier an den Handel. Zweetens, d'Virbereedung, Assistance fir all ekonomesch Acteuren, mam Zil Exclusiounen, also eng Zwouklassegesellschaft, op dësem Gebitt ze verhënneren. Op dës zwee Punkte wäert ech nach méi ausféierlech zréckkommen.

Fir d'éischt zum Projet selwer. Den Text vum Projet a vum Rapport ginn ausféierlech Definitiounen iwwert alles, wat d'Regierung am Commerce électronique wëllt reguléieren. Ech brauch net nach eng Kéier drop zréckzekommen. Beréiert gëtt net nëmmen den Handel um Internet, mä all Handel, deen um elektronesche Wee och iwwer Firmennetzer ofgewéckelt gëtt. Sief dat am Inland oder am Ausland, et betrëfft den Handel tëscht den Entreprisen oder Privatleit mat alle Gidder a Servicer, där, déi geliwwert ginn, an där, déi op elektroneschem Wee geschéckt ginn. Et betrëfft selbstverständlech och finanziell Transaktiounen, wou d'Sécherheet an d'Vertraulechkeet besonnesch wichteg sinn.

Ech hunn am Numm vum ADR dem Rapport an der zouständeger Kommissioun zougestëmmt, an den ADR wäert herno och dëse Projet matstëmmen, obschonn et kloer ass - dat huet de Minister vun der Ekonomie selwer gesot -, dass dësen Text net ausgeräift ass, an obschonn et noutwendeg bleift, nach villes nodréiglech ze klären, ze definéieren an ze vervollstännegen.

D'Virschléi vun der Regierung mat Gesetzestexter, zum Beispill fir de Schutz vun de perséinlechen Donnéeën oder den elektronesche Finanzoperatiounen, mussen also sou séier wéi méiglech am Hierscht diskutéiert ginn. Et ass och elo net u mir, hei déi entspriechend Texter ze produzéieren, wat do nach misst gemaach ginn. Ech wëll awer e puer, fir eis wichteg Themen erausstäichen an d'Richtung uginn, wéi dës Problemer behandelt sollte ginn.

Zwee Themen hunn ech scho genannt:

- De Schutz vum Konsument an de Schutz vu vertraulechen Donnéeën, international unerkannte Sécherheetsstandarde fir den elektronesche Geldverkéier,

- d'Virbereedung vun eiser Wirtschaft a vun alle Bierger am Land, fir eng Zwouklassegesellschaft ze verhënneren.

D'Sécherheet am elektroneschen Handel muss éischt Prioritéit sinn.

Den ADR begréisst dofir all d'Moossnamen, déi am Projet virgesi sinn, fir de Schutz vum Konsument esou gutt wéi méiglech gesetzlech ze verankeren.

Amerikanesch an europäesch Autoritéite warne virun der Computerkriminalitéit um Internet. D'Problemer si bekannt, ënner aneren d'Gefore vu Mëssbrauch vun de Protektiounscoden.

Bei de Geldtransaktioune sinn et d'Verschlësselungen, déi och mam Hannerleeë vu kryptographesche Coden nach ëmmer eng ufälleg Kommunikatioun, also eng Schwachstell sinn.

Gebraucht ginn op deem Gebitt also Kontrollsystemer, déi d'Vertraulechkeet, d'Integritéit, d'Disponibilitéit an d'Crédibilitéit vun den Date sécherstellen. Dëse Projet stellt am Kapitel 3 eng Rei vu Moossname vir, fir esou e System anzeféieren.

Et bleift awer d'Fro, ob dës Mesurë flexibel an upassungsfäeg sinn, fir der rapider Evolutioun op deem Gebitt nozekommen.

Fir op dat zweet Thema zréckzekommen, nämlech ob eist Land gutt genuch op d'Erausfuerderung vun den neien Technologien am Beräich Multimedia virbereet ass, muss een zréckkucken op d'Debatt an der Chamber vun 1996 iwwer d'Informatiounsgesellschaft.

Schonn deemools huet den ADR drop higewisen, wéi wichteg dës nei Technologië fir eist Land sinn. Mir hu Virschléi gemaach, wéi d'Regierung hir Bierger an hir Entreprisen, besonnesch de Mëttelstand, op dës Erausfuerderunge virbereede kann, och virbereede muss, fir op alle Gebitter, och deem vum elektroneschen Handel, vun all den neien Opportunitéite profitéieren ze kënnen, an och fir d'Kluft ofzebauen tëschent deenen, déi déi nei Technologien ze benotze wëssen an deenen, déi d'Moyenen net hunn, fir kënnen domat ëmzegoen.

Zwee Joer méi spéit huet déi zoustänneg Kommissioun un Hand vun engem konkrete Froekatalog un d'Regierung festgestallt, dass villes nach net verbessert gouf.

Haut, erëm zwee Joer méi spéit, bei de Virbereedungsaarbechten zu dësem Projet, konnte mer feststellen, dass een deeselwechte Sënnekatalog erëm eng Kéier kënnt virleeën, well d'Viraarbecht vun der Politik op dësem wichtege Gebitt bis elo net déck war.

Besonnesch krass an onverzeilech ass et awer, feststellen ze mussen, dass um Gebitt vun der Hëllef fir kleng a mëttler Betriber, déi verschidde Regierungen an der Vergaangenheet souzesoen näischt opzeweisen haten. Dobäi kann een net genuch op d'Wichtegkeet an op d'Noutwendegkeet hiweisen, de klengen a mëttlere Betriber eng besser Chance ze ginn, fir international am Konkurrenzkampf géint déi grouss Betriber bestoen ze kënnen. Mir fuerderen d'Regierung op, déi néideg Schrëtt an där Richtung ze ënnerhuelen.

En indirekten Notze vun dësem Projet gesäit d'Regierung jo och dodran, nei Betriber am elektronesche Commerce op Lëtzebuerg ze zéien, zum Beispill wéinst där gënschteger TVA hei am Land.

Wat awer maachen dann zum Beispill d'Interessenten, déi sech hei wëllen nidderloossen a vun Enregistrement a Classes moyennes tëschent zwee Still sëtze gelooss ginn? Mir ass e Beispill bekannt, wou eng Persoun keng Handelsermächtegung kritt, well de Beruff am E-Commerce net geregelt ass, a keng TVA-Nummer kritt, well keng Handelsermächtegung virzeweisen ass.

A wann den zoustännege Minister mir seet, an e puer Joer géif d'Droit-d'établissement-Gesetz ëmgeännert ginn, da muss ech soen, dofir kann ee sech elo näischt kafen.

Muss ech nach eng Kéier drop hiweisen, wéi wéineg d'Politik eise Stat op zukünfteg Erausfuerderunge virbereet?

Wann een dann an deem Zesummenhank zréckkuckt, gesäit ee wéi wéineg gemaach ginn ass, fir ze verhënneren, dass déi nei Medien eng Zwouklassegesellschaft entstoen dinn, da muss ech do d'Fro stellen, ob um Gebitt vun der Formatioun, der Ausbildung vun den Enseignanten an de Schüler, an doriwwer eraus vun all de Leit, op deem Punkt eist Land net schonn den Zuch verpasst huet.

Versot huet d'Politik och, wat déi finanziell Hëllefen an Erliichterungen ubelaangt, fir all d'Stéit - vun de Betriber hunn ech scho geschwat -, mat den neien Technologië Schrëtt halen ze loossen.

Versot huet d'Politik och fir hei am Land déi noutwendeg Zougäng, rapid a performant Verbindungen zu den internationale Kommunikatioune prett ze stellen, fir weltwäit kënne present ze sinn a kompetitiv matmëschen ze kënnen.

De Spriecher vun der LSAP huet e gratis Accès op den Internet gefrot. Mir fannen dat ganz gutt. Besonnesch gutt fannen ech et awer net, wéi viru véier Joer déi sozialistesch Postministesch mir geäntwert huet, wéi ech eng Motioun an deem Sënn abruecht hat, do géif ech ze wäit goen, an deemools och nach d'Sozialisten géint dës Motioun gestëmmt hunn.

**Une voix.-** D'Sozialisten hu gutt bäigeléiert.

**M. Fernand Greisen** *(ADR)*.- Zum Schluss nach eng Kéier d'Positioun vum ADR. E Jo zu dësem Projet, mä déi noutwendeg zousätzlech Gesetzestexter zum Schutz vum Consommateur, vun de perséinlechen Donnéeën an den elektronesche Finanzoperatioune mussen dringend an d'Chamber. Eng permanent Iwwerwaachung vun den Auswierkunge vun dësem Gesetz muss sinn, wéi och eng Revisioun vun dësem Gesetz, wann noutwendeg.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här François Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Dëse Projet de loi, wéi schonn de Rapporteur et hei gesot huet, regelt dräi Beräicher, déi mam elektronesche Commerce ze dinn hunn. Deen éischte Beräich, dee wichtegsten an dësem Projet, ass dee vun der Signature électronique. Dëse Punkt huet eng besonnesch Bedeitung zu Lëtzebuerg, wann ee weess, wat fir eng Envergure d'Finanzplaz huet, a wann ee weess, wéi wichteg an Zukunft den elektronesche Commerce am Finanzsecteur gëtt.

Den zweete Volet ass d'Protection du consommateur. Allerdings ass dat e limitéierte Volet. Et ass een, dee sech zu engem gudden Deel op eng ganz Rei Regele bezitt, déi opgestallt musse ginn, wéi d'Verhältnis tëschent dem Prestataire de service an de Leit ass, déi vun deem E-Commerce wäerte profitéieren.

En drëtte Volet ass dee vun der Protection vun den données nominatives.

Net traitéiert gëtt an dësem Gesetz de Volet vun der Protection vun den Données personnelles; et gëtt och net traitéiert e ganz groussen Deel vu Regelen, déi, eiser Meenung no, nach misste kommen, wat d'Protection du consommateur ubelaangt, virun allem d'Protection du consommateur privé am Zesummenhank mat der Vente à distance.

D'Regierung huet décidéiert, den ursprüngleche Projet an dräi ze deelen. Eng éischt Versioun, eng onkomplett Versioun eigentlech, hu mer haut hei virleien. Déi aner Aspekter, wéi d'Protection du consommateur am

Zesummenhank mat der Vente à distance an d'Protection des données personnelles, sinn zwee separat Gesetzesprojeten, déi d'Regierung a kierzester Zäit op den Instanzewee wëllt schécken, déi dann och hei sollen diskutéiert an ofgestëmmt ginn.

Ech wëll eng Rei Iwwerleunge maachen zu deene Projeten, déi nach komme sollen, Punkten, déi eigentlech och hätte sollen an dësem Projet mat regléiert ginn, well dat sinn déi zwee Beräicher, déi fir eis als Gréng, niewent natierlech der ekonomescher Wichtegkeet, déi mir deem Secteur zoumoossen, eng ganz grouss Bedeitung hunn. Dat si Projeten, déi direkt d'Protection du consommateur betreffen an d'Protection des données personnelles uginn.

Ech wëll ufänke mam Konsumenteschutz. De Minister huet eis an der Kommissioun gesot, an ech deelen déi Aschätzung, dass de Gros vum E-Commerce vun haut eigentlech "business to business e-commerce" ass, dat heescht, wou Entreprisen ënnerteneen iwwert den elektronesche Wee Commerce bedreiwen, an dass den "e-commerce privé" sech gréisstendeels limitéiert op d'Vente à distance. En huet gemengt, dass de Gros vun dem Geschäftsvolumen, deen iwwer dee Wee bewältegt gëtt, "business to business commerce" ass, an de Rescht eigentlech Vente à distance ass, déi haut iwwer Internet regléiert gëtt. Dat stëmmt.

Et muss een allerdings derbäi soen, dass d'Vente à distance enorm zouhëlt, dat heescht, mir hunn haut ganz vill Beräicher, wou Vente à distance privée gemaach gëtt, wat ier den Internet do war, net gemaach ginn ass, respektiv schwéier machbar war. Et gesäit een haut schonn, wann een e bëssen um Internet surft oder sech ukuckt, wat am Internet ugebuede gëtt, dass an Zwëschenzäit quasi all Produktpaletten, déi fir de Consommateur privé eng Bedeitung hunn, um Internet ugebuede ginn. Wann een natierlech an den USA kuckt, vu dass an den USA dee Beräich scho vill méi wäit fortgeschratt ass, da gesäit een, wat fir eng Dimensiounen dat kann unhuelen. An den USA gëtt et an Zwëschenzäit regelrecht virtuell Supermarchéen um Internet. Mir sinn amgaang a relativ rapidem Tempo an Europa an déiselwecht Richtung ze goen.

Et stelle sech natierlech eng ganz Rei wichteg Froen. Déi éischt ass déi, wat do alles ugebuede gëtt, an ob dat, wat do ugebuede gëtt, och Qualitéit ass. Sinn dat seriö Produiten? Ass dat e seriöse Commerce, deen do ugebuede gëtt? Sécherlech ass dat net de Fall. Mir kënne feststellen, dass dat och ganz schwéier ze kontrolléieren ass, well een egal a wat fir engem Land op der Welt um Internet seng Servicer ubidde kann. Mir wëssen awer, dass et vill Länner op der Welt gëtt, déi sech gären opmaache fir onseriös Geschäfter. Et gëtt do villes ugebueden u Produkter, wou ee sech eng ganz Rei Froe muss stellen, an et ganz wichteg ass, dass e ganz strikten a strenge Kader gesat gëtt, fir de Consommateur ze protégéieren.

Eng zweet Fro, wou ganz vill rechtlech Froe sech dermat verbannen, ass déi, ob dat wat ugebuede gëtt, an dat net nëmmen am Zesummenhank mat der Qualitéit, ob dat iwwerhaapt legal ass. Dat betrëfft zum Beispill pharmazeutesch Produkter, déi iwwer Internet weltwäit kënnen ugebuede ginn. Et kann duerchwegs sinn, dass pharmazeutesch Produkter an eenzelne Länner verbuede sinn, een déi iwwer Internet awer ka beschafen. Dat betrëfft an Zwëschenzäit souguer den Organspendenhandel. Do gëtt et eng Rei handfest Skandaler, déi schonn opgedeckt gi sinn. Do gesäit een, zu wat dat ka féieren. Dat bekanntste Beispill ass dat vun engem vun deene gréissten Auktiounshaiser um Internet, en Auktiounshaus, wat op der Bourse laang Zäit ganz héich kotéiert war, wou op eemol Organer op Steeën ugebuede gi sinn, ounst dass dat Auktiounshaus selwer emol wosst, dass där géifen ugebuede ginn.

Bis elo ass et esou, dass do relativ grousszügeg a fräizügeg verfuer gëtt, an et immens Risike gëtt, déi mat där ganzer Vente à distance an deem do Kontext verbonne sinn. Dofir muss een oppassen, dass ee wierklech do strikt Regelen opstellt.

Wann ee Regelen opstellt, muss een oppassen, wéi déi rechtlech Grondlagen, déi geschafe ginn, aklobar sinn. Mir hunn an deem heite Gesetz eng Rei Regele festgehalen, wou de Grondsaz dervun eigentlech deen ass, dass ee muss do kloen, wou de Prestataire domiciliéiert ass, wat vum Prinzip hier richteg ass. Fir eng grouss Entreprise ass dat kee gréissere Problem fir e Prestataire unzekloe mat deene Moyenen, déi se huet, och wann e sech wäit ewech vun hei befënnt. Mä fir e Consommateur privé gëtt dat schonn eng aner Saach, wann deen op d'A gedréckt gëtt mat engem Produit, an e muss herno zu Singapur kloen oder soss iergendwou dem Honn hannen an der Welt. Dat ass da mat héije Käschte verbonnen, déi fir ee Consommateur privé oft ganz schwéier ze droe sinn. Dofir muss, wann déi Regelen opgestallt ginn, deenen do Saache Rechnung gedroe ginn, fir dass de private Consommateur uerdentlech ka protégéiert ginn.

Da kommen ech zu dem Gesetz iwwer d'Protection des données personnelles, wat soll geschafe ginn. Dat ass nach méi en delikate Sujet. De Moment gëtt vill nogeduecht iwwer d'Sécherheet vun deem ganze System. Ee Stéchwuert vun der Sécherheet ass déi sougenannte "smart card", vun där jiddferee vun Iech an Zwëschenzäit bestëmmt schonn héieren huet oder déi e souguer schonn am Grapp hat, zumindest déi, déi sech fir E-Banking interesséieren.

De Consommateur selwer weess net, wat alles op där "smart card" gespäichert ass. Do sollen am Prinzip Donnéeën drop gespäichert sinn, déi wichteg si fir de Schutz vun deemjéinegen, deen dermat hantéiert, mä et kann een och eng Hellewull aner Saachen drop späicheren. Et kann ee ganz vill Informatiounen drop späicheren. Dat kann derzou féieren, dass mer eppes kréien, wou mer eis, wa mer iwwer Gesetzer vun Dateschutz diskutéiert hunn, ëmmer dergéint gewiert hunn, an do och Gesetzer

gemaach hunn, déi zimlech strikt ware par rapport zu den Données personnelles vun de Leit, nämlech dass mer net e glieserne Bierger kréien. Dat kann derzou féieren, dass souguer Informatioune vu Privatpersounen iwwer hire Gesondheetszoustand, iwwer hiert Sexualverhalen drop gespäichert ginn. Déi Kaart kënnt och wahllos tëschent eenzelnen Entreprisen oder Firmen ausgetosch ginn, wann net strikt Regele festgehale ginn, an och Strofe virun allem drop festgeluegt ginn.

Dat kann zu zimlech grousse Konsequenze fir Privatpersoune féieren, net nëmmen dass do einfach d'Privatsphär vun der eenzelner Persoun staark verletzt gëtt, mä et kann och zolidd Konsequenzen hu fir deen Eenzelnen a sengem Alldagsliewen, wann en zum Beispill wëllt eng Aarbechtsplaz sichen an doduerch verschidden Donnéeën doruechter zirkuléiert sinn, wou e wahrscheinlech emol net weess, dass et geschitt ass, mä iwwert deen dote Wee gelaf sinn. Dofir gëtt et extrem wichteg iwwert deen dote Projet ze diskutéieren.

Et ass och net fir näischt iwwregens, dass deen dote Volet ganz staark an der Kontrovers steet, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä iwwerall an der Welt an et ass och dofir net fir näischt, datt zum Schluss relativ séier décidéiert ginn ass, deen an dësem Kontext auszeklammeren, well soss kënnte mer dëse Gesetzprojet net verofschieden.

Mir sinn ons als Gréng natierlech der Wichtegkeet vun deem dote Secteur vun eiser Ekonomie bewosst, mä mir sinn eis och bewosst, dass mer hei eigentlech en onkomplette Projet virleien hunn. Mä de Minister huet ons am Numm vun der Regierung versprach, dass déi aner zwee Gesetzer, déi ech virdru genannt hunn, déi zumindest genau esou wichteg si wéi d'Schafung vun deem neien ekonomesche Secteur selwer, relativ rapid nokéimen an d'Parlament.

Ech wëll awer och e bësse warne virun där, menger Meenung no, zevill grousser Euphorie par rapport zum E-Commerce, déi heiansdo opkënnt, och an dësem Parlament. Sécherlech ass dëse Secteur enorm wichteg, mä an deenen nächste Jore wäert sech d'Spreu vum Weizen trennen an deem dote Beräich.

Dir hutt sécherlech och eng Rei Artikelen an Dossieren an deene leschte Wochen a verschiddenen Zäitschrëfte kënnen noliesen. Een Artikel war am "Spiegel" ze liesen an engem Spezialdossier "Wirtschaft", wou menger Meenung no ganz gutt beschriwwe gëtt, dass an deenen nächste Méint a Jore vill vun deenen héichgeluefte Firmen an deem dote Beräich wahrscheinlech net méi vu laanger Dauer wäerte sinn an och déi nächst Joren net wäerten iwwerliewen, dass do ka geschwat gi vu "leichtverbranntes Geld", deemno wou investéiert gëtt.

Dofir muss een och oppassen, wann ee sech deen néidege reglementaresche Kader gëtt fir deen dote Secteur unzezéien, dass een en Intérêt huet fir en esou ze gestalten, dass net "leichtverbranntes Geld" hei zu Lëtzebuerg säin Onwiesen dreift, mä datt mer Qualitéitsfirmen op Lëtzebuerg unzéien an deem dote Beräich, well mer zwar vläicht kënnte séier eng nei ekonomesch Nisch besetzen, mä déi eis awer och grad esou séier kënnt gréisser Problemer schafen, wann een déi Saachen net bedenkt.

PriceWaterHouse hunn eng Etüd gemaach iwwert deen dote Secteur an déi och elo kierzlech veröffentlecht. Si soen, datt effektiv vun deene ville Firmen, déi et de Moment och um europäesche Marché gëtt, déi souguer eréischt kierzlech gegrënnt si ginn, e ganz groussen Deel net wäert iwwerliewen. Et gëtt domat gerechent, dass wahrscheinlech nach en Drëttel wäert iwwreg bleiwen, datt deene meeschten an Zukunft d'Geld wäert séier ausgoen an dass et do wäert si wéi a villen anere Secteuren, dass zwar vun "new economy" geschwat gëtt, mä déi "old economy" an déi grouss Träger vun der "old economy" bereede sech eigentlech méi gewëssenhaft dorobber vir. Iwwregens si jo och eng ganz Rei Betriber a Konzerner schonn doranner laang täteg. No an no wäert en Deel opgefriess ginn an en aneren Deel wäert verschwannen.

Dofir, wéi gesot, ass et wichteg, wa mer deen dote Secteur wëllen als nei Nisch besetzen, dass mer op d'Qualitéit setzen an net op d'Quantitéit.

Et ass natierlech kloer, fir eis als Lëtzebuerg huet dee Secteur wéinst eisem Finanzmaart eng besonnesch Bedeitung an dofir ass et och besonnesch wichteg, datt mer eben dat hei Gesetz esou séier wéi méiglech ëmsetzen. Dat ass och de Grond woufir mir als Gréng bereet sinn, deen onkomplette Projet hei ze droen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** De leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Aloyse Bisdorff. Här Bisdorff, Dir hutt d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff** *(déi Lénk).-* Am Exposé des motifs, Här President, gëtt eng euphoresch Aschätzung vun der Zukunft vum Handel am Internet gemaach. Den Ëmsaz géing exponentiell an d'Luucht klammen, Aarbechtsplaze géinge geschaaft ginn, rieseg Gewënner kënnten erziilt ginn.

Als Beispill vun esou enger Réussite gëtt d'Gesellschaft Amazon aus den USA, en éischte globale Supermaart am Internet, ugefouert.

Ech weess net wéini deen Exposé des motifs geschriwwe ginn ass. Hei sinn d'Realitéiten.

Am Dezember 1999 waren d'Aktie vun Amazon 106 Dollar wäert. Den 23. Juni 2000 ware se der nach 33,8 wäert. Dat heescht, si hunn 68% vun hirem Wäert verluer. D'Verloschter vun der Firma sinn 100 Milliounen

Dollar de Mount an am Ganzen huet se 1,2 Milliard Dollar verluer.

Et ass also net onbedéngt e Beispill vu wirtschaftlecher Réussite an et ass menger Meenung no net ubruecht fir elo ganz euphoresch ze si wat den E-Commerce ubelaangt.

Am Exposé des motifs gëtt da weider gesot, dass fir d'Verhale vun de Lëtzebuerger eng gewëssen "immaturité des clients préférant le contact local" d'Ursaach wär, fir dass den elektroneschen Handel hei zu Lëtzebuerg wéineg entwéckelt wier. Ech mengen éischter, dass et e gewëssent gesond Mësstrauen ass, dat zu esou enger Haltung gehollef huet an ech hoffen, dass et och nach eng Zäit laang wéinegstens unhale wäert am Interesse vun den Aarbechtsplazen am Eenzelhandel.

A verschiddene Beräicher wäert e sech allerdéngs duerchsetzen, wéi bei de Banken, wou mer musse befäerten, dass d'Schalteraktivitéit ëmmer méi ageschränkt gëtt oder souguer ganz ofgeschaaft gëtt an ee sech dann d'Fro muss stelle wat mat deem Personal geschitt, dat do agespuert oder ewechrationaliséiert gëtt, Rationaliséierung, déi sech nach zousätzlech zu de Bankefusioune wäert bäigesellen.

Och riskéieren d'Aktivitéite vun de Reesbüroen a Fro gestallt ze ginn doduerch, dass een direkt Buchunge vu Flugtickete kann iwwert den Internet maachen.

Am allgemenge sinn awer d'Auswierkunge vun esou engem Gesetz wéi dat, dat mer hei diskutéieren, iwwert den Aarbechtsmaart hei am Land an och iwwert déi aner wirtschaftlech Auswierkungen, déi dat wäert hunn, absolut net gemaach ginn.

Ech mengen, heiriwwer misst een eng Etüd maachen, déi d'Ausmoosse vun deem wat hei kann op eis Ekonomie zoukomme géif ënnersichen, Auswierkungen op eisen Eeenzelhandel wat d'Beschäftegung ubelaangt, Auswierkungen awer och op d'Einnahme vum Stat wat d'TVA ubelaangt. Et gëtt jo keng TVA op dësen Aktivitéiten agezunn an domat ergëtt sech dann eng deloyal Konkurrenz vis-à-vis vum Eenzelhandel, wou d'TVA muss ofgeliwwert ginn, währenddeem hei Wueren, déi iwwert den Internet bezu ginn, net der TVA ënnerleien.

D'Virdeeler sinn also elo an der éischter Phas haaptsächlech nëmme bei de Banken, eventuell och bei de Fluggesellschaften a virun allem och bei der Pharmaindustrie, déi versicht iwwert den Internet hir Wueren ofzesetzen an domadder sech och der Taxatioun entzitt.

Dës vill oppe Froen, déi hei absolut net ugeschnidde gi sinn a wou och net versicht ginn ass fir hir Auswierkungen op eis Wirtschaft auszemoossen, wäerte mech dozou féiere fir meng Enthalung bei dësem Gesetzprojet virzehuelen.

Eppes wëll ech awer nach soen iwwert d'Sécherheet vun der Informatioun um Internet, déi jo vill ugeschwat ginn ass. Och hei muss ee seng berechtegt Zweifel hunn.

Mir hunn alleguer héiere vun deem amerikanesche System Echelon, deen den amerikanesche Geheimdéngscht elo benotzt fir Wirtschaftsspionnage ze maachen. Awer scho virdrun huet den CIA bewierkt, dass d'Software-Ariichter vun den amerikanesche Computer se esou maachen, dass duerch e besonnesche Schlëssel den CIA zu de gespeicherten Daten Zougank huet. Déi Date ginn haut genotzt fir géint Europa virun allem Industriespionage ze maachen. Dofir kennen ech eng Rei vu Firmen hei - an ech géing jidderengem uroden dat och esou ze maachen, deen iergendwéi mat Industrie oder Handelsfirmen ze dinn huet -, déi hiren Internetuschloss physesch total trenne vun hirem interne Computersystem, fir net an d'Gefor ze kommen, dass iwwert den Internet een an hire Computersystem an an hir Informatioune kann erakommen.

**M. le Président.-** Den Här Henckes huet sech nach ageschriwwen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wollt hei just zu e puer Problemer Stellung huelen an direkt aganks soen, dass ech déi Législatioun hei begréissen, well et den éischte Schrëtt an déi richteg Richtung ass. Nach gesäit een, datt wa souguer den neie Wirtschaftsminister schonn huet missen de Projet vu sengem Virgänger iwwerhuelen, datt mer nach méi oft wäerten déi Législatioun iwwert den E-Commerce upassen. Ech wëll nuren ee Beispill uginn.

Dat ass, dass normalerweis, esou wéi et elo am Gesetzesprojet virgesinn ass, d'Gesellschaft zu Lëtzebuerg domiziliéiert ass, respektiv ugesi gëtt, datt se hei géing schaffen, wann d'Décisiounen hei zu Lëtzebuerg geholl ginn a wann hire Comité-directeur beispillsweis zu Lëtzebuerg residéiert.

Mä et ginn awer elo Problemer. Zum Beispill gesäit een, dass ganz vill Gesellschaften net méi op engem Territoire ugesiedelt sinn, mä datt iwwert de Wee vun den neien Technologië justement d'Kontroll an d'Décisioune vun de Gesellschaften a verschiddene Länner gläichzäiteg exercéiert ginn, dat iwwert de Wee vun der Konferenzschaltung, iwwert d'Videokonferenz, iwwert E-Mail asw., esou dass zum Beispill eng Persoun, déi an Amerika residéiert, eng zweet an Australien an eng drëtt zu Lëtzebuerg, bal kënnen deeselwechten Abléck zesummen eng Décisioun huelen. Deen Abléck gesäit een, dass an deem Fall do déi Gesetzgebung, déi mer haut stëmmen, sech net méi applizéiert.

Dofir mengen ech, dass een nach muss Verbesserungen um Text virgesinn, fir dass een iwwert de Pays de résidence kloer Notiounen huet. Dat ass absolut wichteg, well mir wëssen deen Abléck watfir eng Législatioun muss applizéiert ginn. Dat ass augenblécklech net ganz kloer.

Et ass desto méi wichteg, datt ee weess wien de Pays de résidence ass, well doduerch net nëmmen déi national Législatioun oder déi applicabel Législatioun ofhänkt, mä och d'Besteierung vun där Entreprise.

Den zweete Problem op deen ech wëll agoen ass dee vum "transfer pricing". Bei Transferen tëschent den Entreprisen, déi Résident sinn an deenen, déi net Résident sinn, dat heescht, déi Gesellschaften, déi an engem aneren Territoire sinn, riskéieren déi Gesellschaften, dass se augenblécklech enger duebler Besteierung ënnerworf ginn.

Dofir muss ee sech d'Fro stelle wéi een dat soll handhaben. Fir mäin Deel mengen ech, dass d'Regierung sech misst iwwerleeën, ob se net de Prinzip vun der Maisonmère an de Filialen, esou wéi mer dat an der EU fest geregelt hunn, soll festhalen, fir vläicht op eng Léisung ze kommen.

Den drëtte Problem op deen ee muss agoen an hiweisen ass dee vun den Droits d'auteur. Photo, Video, Zeitunge kënnen um Ecran gelies ginn, mä wou sollen d'Droits d'auteur bezuelt ginn?

Deeselwechte Problem stellt sech wa Programmer downgeload ginn, also an de PC erofgeluede ginn. Och do muss ee feststellen, dass déi ganz Problematik net geregelt ass.

Et ass also wichteg, dass am Laf vun der Zäit, a mir sinn ons bewosst, dass dëst elei eréischt deen éischte Schrëtt ass, d'Regierung gesetzlech Virlage bréngt, well soss verpasse mir e groussen Deel vum E-Commerce.

Wat d'Steiergesetzer ugeet, esou ass et och wichteg, dass mer e puer Indikatioune ginn. Onser Meenung no musse se kloer sinn, einfach ze verstoe sinn, well den Utilisateur virum Bildschierm däerf net ze laang brauchen, fir ze wëssen, wéi e besteiert gëtt, wat d'Besteierungsmethode sinn, wat fir enger Steier a wat fir engem Land hien ënnerläit. Et ass sécher, dass do esou séier wéi méiglech Klorheet muss geschafe ginn.

An onsen A kann dee Problem, speziell fir esou e klengt Land wéi Lëtzebuerg, net national eleng geléist ginn. Mir brauchen eng international, eng global, an ech géing souguer soen, eng weltwäit Léisung, ouni eng eenzeg Insel auszeloossen. Déi Kooperatioun muss geschéien. Esou huet d'OECD e Modell vun enger Konventioun ausgeschafft. Dee Modell ass am Mäerz 2000 de Regierungen zur Verfügung gestallt ginn, an ech wier frou, wann ons Regierung dee Modell do kéint als Basis huelen, fir och eng Besteierung hei zu Lëtzebuerg virzegesinn, fir wéinegstens op deem Gebitt mat der Evolutioun Schrëtt ze halen a fir wierklech do déi Virreiderroll ze spillen, déi duerch dës Gesetzgebung vun ons erwaart gëtt. Mä nach hunn ech d'Impressioun, dass et eng laangwiereg Geschicht wäert ginn, fir déi Gesetzgebung um juristeschen an um steierleche Gebitt esou fäerdeg ze hunn, dass se effektiv de Gegebenheeten an där grousser Imaginatioun vun den Acteuren op deem Gebitt Rechnung dréit.

Wat de Commerce électronique ugeet, esou hunn ech gesinn, dass zu Lissabon den 23. a 24. Mäerz e Conseil européen extraordinaire ofgehale ginn ass, deen d'PME op déi nei Technologië wëllt virbereeden. Ech wier frou, wann den Här Minister ons kënnt soen, wéi d'Regierung wëllt dee Problem ugoen, well ech huelen un, dass am Mäerz, wéi dat debattéiert ginn ass, d'Lëtzebuerger Regierung eng Stellungnam ofginn huet. Ech wier frou, fir do e puer Informatiounen ze kréien, wat d'Regierung wëlles huet, well ech mengen, et ass wichteg, dass mir déi kleng a mëttler Betriber op den E-Commerce virbereeden.

Bien entendu ginn ech dësem Projet de loi meng Zoustëmmung.

**M. le Président.-** Den Här Minister Henri Grethen huet d'Wuert.

**M. Henri Grethen,** *Ministre de l'Economie.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wéilt fir d'éischt der Chamber a ganz besonnesch dem Rapporteur vun dësem Projet, dem honorablen Här John Schummer mä och sämtleche Riedner, déi an dëser Debatt intervenéiert sinn, der Mme Durdu, den Hären Haupert, Zanussi, Greisen, Bausch, Bisdorff an Henckes, merci soe fir déi breet Zoustëmmung, déi mir kritt hunn. Wann ech richteg verstanen hunn, wäerten 59 Deputéierten dësem Gesetz hir Zoustëmmung ginn.

Ech wéilt och merci soe menge Mataarbechter am Ministère, déi hei mat engem ganz schwierege Projet befaasst waren, an déi et net einfach haten ze explizéieren, firwat mer virgezunn hunn deen éischte Projet, dee si och ausgeschafft haten, an dräi ze deelen.

Ech wëll der Chamber nach eng Kéier soen, dass et net d'Absicht vun dëser Regierung war, domat ze ënnersträichen, dass déi viregt Regierung keng gutt Aarbecht gemaach hätt. Mä et war ganz einfach esou, dass déi nei Erkenntnisser, déi mir kritt haten duerch d'Evolutioun vun der Législatioun um europäesche Plang, mat sech bruecht hätten, dass mer esou vill Amendementer zum ursprüngleche Projet hätte misse maachen, dass e guer net méi liesbar gewiescht wier. Mir hunn dofir préféréiert schnell ze maachen, en neie Projet anzereechen, dee wuel net komplett ass, mä ech kann der Chamber nach eng Kéier bestätegen, dass mer souwuel wat d'Protection du consommateur ugeet, wéi d'Protection des données personnelles an d'Vente à distance, mer do wäerten déi noutwendeg Projeten esou séier wéi méiglech noreechen. Mir hunn elo gemengt, dass et wichteg wier, emol iwwerhaapt eng Basis ze hunn, a mat dësem Gesetz schafe mer déi Basis, déi mir brauchen, fir sécherzestellen, dass een zu Lëtzebuerg op fiable Grondbase ka Commerce électronique maachen.

Et gëtt ganz vill Leit dobaussen, déi mengen, dass déi nei Technologie d'Welt géif revolutionéieren, vergläichen dee Quantensprung, deen elo gemaach ginn ass, mat der Erfindung vun der Dampmaschinn, oder mat der Entwécklung vun der elektrescher Energie. Ech deelen deen Optimissem an deem Mooss net. Ech gehéieren zu deenen, déi der Meenung sinn, dass et net eng al an eng nei Ekonomie gëtt, mä dass et einfach nëmmen eng Ekonomie gëtt, déi nei Technologien uwennt.

Déi Euphorie, déi elo besteet, an déi op der Bourse hiren Nidderschlag fonnt huet an aberrante Coure fir eenzel Entreprisen, do kann ech nëmme jiddferee virun den Désillusiounen, déi en do riskéiert ze erliewen, warnen. Et ass éineschters vun engem Riedner eng Gesellschaft ugeschwat ginn, déi Amazon.com heescht, déi am Ufank nëmme mat Bicher gehandelt huet, mä mëttlerweil mat deene méiglechsten an deenen onméiglechste Saachen, déi wuel ganz vill Mataarbechter huet, déi wuel e ganz groussen Emsaz mécht, mä déi bis haut net een eenzegen Dollar oder Euro verdingt huet. Ech wëll dat ënnersträichen a virun där Euphorie warnen.

*(M. Jean Spautz reprend la Présidence)*

Ech hat an der Chamberkommissioun gesot, an ech widderhuelen et hei: Et ass meng Convictioun, dass dee wichtegste Créneau, deen an deenen nächste Jore sech wäert entwéckelen, de "business to business" ass; et ass an de Relatiounen tëschent den Entreprisen, et ass ganz besonnesch an der logistescher Chaîne, wou den Internet wäert ganz schnell Agank fannen. Däers muss ee sech bewosst sinn.

Mat dem honorablen Här Bisdorff ass en erfrëschend neie Wand an dës Chamber komm. Et fillt ee sech heiansdo och ëm Joren zréckversat. Op alle Fall en Antagonissem, deen an deene leschten 10 Joer net esou bestanen huet, ass den honorablen Här Bisdorff erëm amgaang erbäizerieden.

Ech wëll net dorop agoen, ech deelen awer seng Usiichten, wat d'Konsequenze vun den neien Technologië sinn. Well wann een duerch nei Technologië Produktivitéitsgewënner huet, da muss een och wëssen, dass déi Produktivitéitsgewënner e Präis hunn, an dee Präis, dat si ganz oft Aarbechtsplazen. Et däerf een och net vergiessen, dass wann duerch nei Technologien Aarbechtsplazen an deem Secteur geschafe ginn, da ginn a méi traditionelle Beräicher op d'mannst grad esou vill, wann net wesentlech méi Aarbechtsplazen ofgeschaaft, well soss entstinn déi Produktivitéitsgewënner bei gläichen Aktivitéiten net.

Ech hunn d'Convictioun, dass "business to business" den Haaptcréneau wäert sinn, mä awer och "business to consumer". Wann ee sech e bëssen interesséiert, da stellt ee fest, dass et elo schonn Uwendungsberäicher gëtt, wou den Internet net weiderhinn als eng exotesch Maschinn wäert ugesi ginn, well souguer an Haushaltsgeräter gëtt en elo schonn integréiert. De Frigidaire vun der Zukunft, huet op senger Dier en Ecran, iwwer deen ee Bestellunge ka maachen, Menuen zesummesetzen. Deeselwechte Frigidaire ka souguer bestellen, à condition dass e richteg aprogramméiert ass.

Ech muss Iech awer soen, dass dat en Deel vun der Welt ass, dee mir net esou gefält. Ech sinn do mat eenzelnen Deputéierten d'accord, déi fir "slow food" méi Versteesdemes hunn. Ech géif och nach gäre fillen, richen, schmaachen. Dat sinn och wichteg Aspekter beim Akaf, an dat kann den Internet net ersetzen.

Ganz kuerz wëll ech nach op eenzel Interventioune vu verschiddene Riedner agoen.

Ech soen dem honorablen Här Haupert merci fir dat Vertrauen. En huet d'Regierung gelueft, well se d'Zeeche vun der Zäit schnell erkannt huet, well se versicht huet, esou séier wéi méiglech dëse Projet ëmzesetzen. En huet de Projet als Schwéiergebuert bezeechent. Ech hunn do net vill Erfahrung, wéi schwéier oder wéi liicht eng Gebuert ka sinn, ech hat awer elo net d'Impressioun, dass hei ganz vill gynekologesch Agrëffer noutwendeg waren, fir de Projet op de Wee ze kréien.

Den Här Zanussi huet sech Gedanke gemaach iwwert den Demokratiedefizit, oder déi Défien, déi dës Technologien herno fir eis Demokratie kéinten duerstellen. Et ass natierlech esou, dass mer Leit hunn, déi eng Formatioun hunn, an déi mat esou Technologië kënnen ëmgoen an anerer, déi se net hunn. Den Défi vun der Politik ass, fir jiddferengem déi Formatioun unzebidden, an do ginn an dësem Land ganz vill Effore gemaach, fir dem Bierger, net nëmmen de jonke Leit, mä och eelere Matbierger d'Méiglechkeet ze ginn, mat dësen Technologien ëmzegoen.

Den Här Henckes huet hei vum Sommet vu Lissabon geschwat. Ech war do. An engem Interview hat ech Journaliste gesot, et wier grad esou wichteg, dass een déi Technologien an den Altersheimer géing zur Verfügung stelle wéi an de Lycéeën. Ech sinn deemools ausgelaacht ginn. Et schéngt elo hei eng gewësse Bewosstsäinsbildung sech gemaach ze hunn.

Et ass och richteg, dass déi Equipementer, déi ee brauch, fir dës Technologien unzewenden, e gewëssene Präis hunn. En Auto huet och e Präis. Aner Equipementer hunn och Präisser. Ech hunn d'lescht Woch schonn eng Kéier drop opmierksam gemaach, dass d'Lëtzebuerger Stéit an der Moyenne laut STATEC 13,5% vun hirem Monatsrevenu, dat heescht ronn 20.000 Frang de Mount, ausgi fir den Auto. Fir dee Präis kann ee sech am Internet bannent kierzester Zäit net nëmmen équipéieren, mä et huet een och déi noutwendeg Accèsen.

Et gëtt dann ëmmer gesot, de Succès vun der Chancëgläichheet, dat wier, dass ee praktesch géif deen Accès gratis kréien. D'Post, déi ee vun den Ubidder ass, déi ass wuel en Etablissement public, ënnersteet dem Stat, mä ech wëll awer net der Post elo och nach hir Tarifgestal-

tung vun uewen erof diktéieren. Et muss ee wëssen, dass wann een der Post seet, dass se misste quasi dat gratis ubidden, dass dann d'Rentabilitéit vun der Post net méi ginn ass. Da muss och d'Chamber bereet sinn, der Post déi noutwendeg finanziell Mëttel zur Verfügung ze stellen, fir ze investéieren, an da komme mer erëm an déi ganz Diskussioun vun der Liberaliséierung, och vun de Post- an Telekommunikatiounsservicer.

Dat ass praktesch wéi wann ee muss d'Spagat maachen tëschent deem, wat op där enger Säit gewënscht gëtt an deem, wat op där anerer Säit méiglech ass. Ech ka just der Chamber soen, dass d'Regierung insistéiert, dass d'Tariffer, an de Statsminister huet dat schonn an der Deklaratioun zur Lag vun der Natioun hei ënnerstrach, fir den Accès esou gënschteg wéi nëmme méiglech sinn. Mir wëllen och do d'Konkurrenz spille loossen. Dofir huet jo och d'Regierung bei den UMTS-Réseauen décidéiert, dass véier Lizenzen zur Verfügung solle gestallt ginn, fir dass véier verschidden Opérateuren Tariffer kënnen ubidden. D'Chamber weess jo, dass déi UMTS-Technologie eng vun deene grousse Viraussetzungen ass, fir dass den E-Commerce och mat ganz klenge Geräter ka seng Uwendung fannen.

Mir deelen de Souci vun engem esou gënschteg wéi méiglechen Accès, mä mir wëssen awer och, dass mer dat net kënne gratis maachen. Ech ginn zou, dat muss ech dem Här Zanussi soen, dass dëse Projet selbstverständlech net perfekt ass. Wann een d'Perfektioun siche wéilt, da géif een ni fäerdeg ginn, well an dëser Matière gëtt et ëmmer erëm nei Evolutiounen, et misst een ëmmer erëm nei légiféréieren.

Ech kann nëmmen den Engagement virun der Chamber huelen - wa Modifikatioune sech opdrängen, sief dat a 6 Méint, sief dat an engem oder an zwee Joer -, datt mir dann déi Modifikatioune virhuele wäerten.

Ech wëll mech elo net engagéieren, Här President, ob mir scho muer deen Text hei op Englesch iwwersetzen. Ech weess net, ob ech kann ee vu menge Mataarbechter iwwerzeegen, fir déi Aarbecht a senger Fräizäit ze iwwerhuelen.

**Une voix**.- Et gëtt jo awer och Traductiounsbureauen.

**M. Henri Grethen**, *Ministre de l'Economie*.- Här President, et gëtt effektiv Traductiounsbureauen. Mä et gëtt och Regelen déi d'Chamber engem virgëtt, wat de Budget ugeet, a wann ech kee Kredit am Budget hunn ...

**Une voix**.- Mir stëmmen Iech déi nächste Kéier e Kredit.

**M. Henri Grethen**, *Ministre de l'Economie* .- Dat ass léif! Här President, leider ass de Budgetsminister net dobäi, mä ech wäert déi Suggestioun do dankbar unhuelen.

**Une voix**.- Wa mir e Budget rectifié an der Chamber hätten, da kéinte mir Iech dat direkt maachen.

**M. Henri Grethen**, *Ministre de l'Economie*.- Ech huelen d'Ënnerstëtzung vun der Chamber diesbezüglech mat op de Wee. Mir wäerte kucken, datt mir dann domat eens ginn, obscho meng - Här President, däerf ech dat ënnersträichen - Francophonie scho bal un d'Francofolie grenzt. Dofir hunn ech ëmmer Schwieregkeeten, wann een an dem Esperanto vum 20. a vum 21. Jorhonnert all Text muss op Englesch iwwersetzen.

Ech war nach ëmmer der Meenung, datt wann ee gär Geschäfter mécht, datt een dann och géif kucken, fir sech déi Sprooch zu Eegen ze maachen, an där e kéint am beschte Geschäfter maachen. Mir versichen awer, fir dat dann och iergendwéi op Englesch erauszeginn, fir datt mir e gréisstméigleche Succès kréien.

An ech däerf och der Chamber soen, datt wann e Bierger oder eng Gesellschaft Froen zu dësem Text huet, datt da selbstverständlech meng Mataarbechter zur Verfügung stinn, esou wäit wéi dat zäitlech fir si méiglech ass. Dir wësst jo och, datt den Numerus clausus an de Ministèren eng deeglech geliefte Realitéit ass, an datt een net ëmmer déi Mataarbechter kritt, déi ee bräicht.

*(Interruptions)*

Här President, mir wäerten nach an de Budgetsdebatten op den Numerus clausus ze schwätze kommen. Wann ech dat awer richteg verstinn, da kënne mir hei awer scho mat Zoustëmmung rechnen, wa mir d'Zuel vun de Mataarbechter beim Stat mussen erhéijen, fir d'Déngschtleeschtungen, déi de Stat dem Bierger bitt, kënnen ze verbesseren.

*(Interruptions)*

Här President, ech wëll dem Här Mars Di Bartolomeo confirméieren, datt ech nach ëmmer fir en effikasse Stat war. Ech war nach ni fir e schlanke Stat. Dat ass e Wuert, dat ech net gär an de Mond huelen. Ech war nach ëmmer nëmme fir en effikasse Stat.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Henri Grethen**, *Ministre de l'Economie*.- Här President, den Här Greisen huet d'Regierung kritiséiert wéinst där e bësse méi lauer Haltung, déi si vis-à-vis vun de Kleng- a Mëttelentreprisen hätt. Här President, dës Regierung an och déi Regierung virdrun hu ganz vill Efforen ënnerholl, fir Kleng- a Mëttelbetriber un déi nei Technologien erun ze féieren.

Souwuel d'Chambres professionnelles - d'Chambre des Métiers, d'Chambre de Commerce -, wéi och d'Beruffsorganisatiounen - d'Confédération du Commerce oder d'Fédération des Artisans, d'HORESCA an och

anerer -, maache ganz grouss Efforen, fir hir Leit fir déi Thematik ze sensibiliséieren.

Mir kënnen ëmmer nëmmen - Dir wësst - den Ochs bis bei de Buer féieren. Méi wäit kréie mir en net. De Rescht muss hie selwer maachen. Da wéilt ech virdru warnen, datt et eng ganz Rei Entreprisë gëtt, déi ee guer net op dee Wee brénge soll.

Wann e Bäcker gutt Bréidercher baakt, da verkeeft hie keen ee Bréitche méi wann en am Internet ass, oder net? Wann e Metzler gutt Wirschtercher mécht, da kann ech Iech soen, Här President, datt dat sech ganz séier rondrëm schwätzt. Dann huet een déi noutwendeg Zuel Clienten déi ee brauch, och ouni Internet. Ech wëll domat einfach nëmme soen, datt et eng Rei Secteure gëtt, wou dat net noutwendeg ass.

Ech wollt dem Här Bausch - ech hunn et scho gesot - nach eng Kéier confirméieren, datt mir déi Projeten, déi mir versprach hunn, esou séier wéi méiglech wäerten noschécken.

Ech si schonn op déi Suerge vum Här Bisdorff agaangen, déi hien hei exposéiert huet.

Den Här Henckes huet sech vill Suergen iwwert den Environnement fiscal vun deenen neien Technologië gemaach. Ech muss Iech soen, datt ech mir déi Suergen net esou maachen. Ech kennen zwar net genuch vun "transfer pricing" an aneren Techniken, déi ugesprach gi sinn.

Ech maache mir Suergen iwwert d'Droits d'auteur. Wann ee sech op iergendenger exotescher Insel installéiert a vu Lëtzebuerg aus download een e Programm, e Video, Musek oder soss eppes, da sinn ons Moyene fir do ze intervenéiere quasi Null. Ech mengen, datt déi Problematik do net nëmmen eng Solutioun am europäesche Kontext muss fannen, mä op d'mannst am Kontext vun der OECD.

Ech wëll elo net soen, datt ech Vertrauen hunn, mä ech vertrauen deene Gesellschaften, déi soi-disant d'Droits d'auteur an d'Auteure verteidegen, datt si hir Lobby-Aarbecht op deem Gebitt wäerte maachen. Ech wär op alle Fall frou, Här President, wann déi Gesellschaften mat därselwechter redoutabeler Effikassitéit, mat där si hei zu Lëtzebuerg hir Lobby-Aarbecht maachen, se och an där Thematik géife maachen.

Ech wëll dem Här Henckes soen - dat ass datselwecht wat ech dem Här Greisen gesot hunn -, datt mir alles maachen, fir déi Kleng- a Mëttelbetriber fir déi nei Technologien ze sensibiliséieren. Et kann ee se nëmme sensibiliséieren. Et kann ee se net zu hirem Gléck zwéngen.

Ech wollt op alle Fall ofschléissend der Chamber merci soe fir déi Zoustëmmung, déi si zu dësem Projet bréngt, an der Hoffnung, datt dëse Projet all déi Avantagen der Lëtzebuerger Ekonomie bréngt, déi mir eis alleguer dovun erhoffen.

**M. le Président**.- Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss a mir kéimen zu der Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par MM. Jean Spautz et Jean Asselborn)*

D'Artikelen 1 bis 73 si gelies an ugeholl.

Mir kommen dann elo zum Vote iwwert de Projet de loi 4641.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi dofir si, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4641 ass mat 57 Jo-Stëmme bei enger Abstentioun ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par M. Ben Fayot), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn), Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*S'est abstenu: M. Aloyse Bisdorff.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, ier mir elo weiderfueren, wollt ech drop opmierksam maachen - Dir hutt den Ordre du jour schrëftlech matgeelt kritt a mir hunn en och mëndlech an der éischter Sitzung ugeholl -, dass dës Woch véier Sitzunge sinn: gëschter eng, haut eng a mar zwou. De Mëtteg gi mer dann dauernd hei gefrot, wéi dat dann elo ass, ob mar de Moien eng Sitzung ass oder net, ob mer haut solle méi laang fueren, an da mar de Moien oder mar de Mëtteg keng Sitzung halen.

*(Hilarité)*

Also neen! Ech wollt drop opmierksam maachen, dass een déi Décisiounen, déi ee geholl huet, soll anhalen, et sief dass sech géif erausstellen, dass dat net noutwendeg wär. Ech wëll ee Beispill ginn: Et ware fir dëst Gesetz 75 Minutte virgesinn, no deenen, déi agedroe waren. Et huet awer 125 Minutte gedauert!

Also mat 100%eger Sécherheet kann een dat ni soen! Mir kommen hei op en Total vu 600 Minutten. Wann Der dat rechent, da musse mer eis dru ginn! Dofir, mengen ech, solle mer net versichen, déi Décisiounen, déi mer geholl hunn, erëm op d'Kopp ze geheien.

Mir kënnen och net d'Iesse bestellen an dann erëm ofbestellen! Mir sinn dach awer e seriöe Betrib!

*(Interruptions)*

Ech mengen, mir hu Gesetzer ze stëmmen, déi wichteg sinn! Dat soll net iwwerstierzt ginn. Well wa mer mar de Moien z.B. keng Sitzung halen, an et geet da mar den Owend bis 8, 9 Auer, dann iergert sech jidfereen!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Här President, Dir hutt total Recht!

**M. le Président.-** Wa mer mar eng Stonn éischter fäerdeg sinn, majo, da si mer frou! Dann ass et eben eng Stonn éischter fäerdeg! Mä mir sollen eis awer elo net hetzen! Mir sollen dat maachen an aller Dignitéit, wéi dat sech gehéiert!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Mir stinn hannerun Iech!

*(Assentiment)*

**M. le Président.-** Dat gesot, Kolleegen, fuere mer dann elo weider mat eisem Ordre du jour. Mir kéimen zum Projet 4658, en Ofkommes iwwert d'Qualifikatiounen am Enseignement supérieur. D'Riedezäit ass festgeluegt nom Modell X.

Et si bis elo schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Bettel, Greisen, Garcia a Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Mme Nelly Stein.

## 3. Projet de loi 4658 portant approbation de la Convention sur la reconnaissance des qualifications relatives à l'enseignement supérieur dans la région européenne, faite à Lisbonne, le 11 avril 1997

*Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture*

**Mme Nelly Stein** *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, ier ech zum Rapport vum Projet kommen, als Presidentin vun der zouständeger Chamberkommissioun menge Kolleegen a Kolleeginnen aus der Kommissioun merci ze soe fir hir gutt, interesséiert a fair Mataarbecht, net nëmme bei dësem Projet, mä - ech mengen, ech kann dat soen - iwwert dat ganzt lescht Joer.

Elo zum Projet selwer.

D'Konventioun vu Lissabon iwwert d'Unerkennung vun Héichschouldiplomer ass fir Lëtzebuerg vu grousser Bedeitung. E Land, dat, wéi eist, e gudden Deel vu senge Studenten an d'Ausland schéckt, wat amgaangen ass, d'Relatiounen tëscht Lëtzebuerger an auslänneschen Héichschoulen auszebauen, kënnt net dolaanscht, fir dofir ze suergen, datt d'Diplomer vun eise Schüler a Studenten doheem an och dobaussen unerkannt sinn.

E politesche Kommentator huet en Dënschdeg an enger Zeitung gemengt, datt d'Konventioun vu Lissabon sou munche Leit an Deputéierten onbekannt wier. Wann deem sou sollt sinn, kann ech Iech awer versécheren, datt dat sech wäert an deenen nächste Méint a Joren änneren, besonnesch fir déi Leit, déi sech hei am Land mat Schoulpolitik beschäftegen!

Wann et nämlech am Moment nach d'Konventioun vu Paräis vun 1953 iwwert d'Unerkennung vun Diplomer ass, déi de Lëtzebuerger et erméiglecht, fir an d'Ausland studéieren ze goen, sou gëtt awer dës Konventioun duerch déi nei vun 1997, also déi vu Lissabon, ersat! Et kënnt dobäi, datt d'Konventioun vu Lissabon vill méi wäit geet wéi déi al Konventioun vu Paräis.

D'Konventioun vu Lissabon ass éischtens e Beispill vu gudder Zesummenaarbecht tëscht zwou internationalen Organisatiounen. Fir onnéideg Iwwerschneidungen ze verhënneren, hunn d'Regioun Europa vun der UNESCO an den Europarot sech zesummegesat, fir dës gemeinsam Konventioun auszeschaffen. Et kann een also roueg soen, datt eng nei Konventioun noutwendeg war!